R.: hunn dir dann Ennerstetzungmeiglechkeeten beim Bewältegen vun dësen Situatiounen gefeelt?

B.: neenee, also et ass ëmmer sou gewiescht, dass ech keng Ennerstetzung gebraucht hunn, well ech sinn ëmmer gutt Eens ginn. An eeh am Allgemengen hat ech mech gutt arrangéiert mat all Situatiounen.

R.: an beim Bewältegen vun der Situatioun vum Berufsliewen an Pensioun?

B.: also ech muss guernet soen, dass dat mir schwéier gefall ass fir an Pensioun ze goen. Ech wa frou, wie ech an Pensioun konnt goen eben well ech midd war an einfach ausgelaugt war an well ech mech einfach op aner Saachen gefreet hunn. Also ech war gären an mengem Beruff, ech hunn fir mäin Beruff gelieft, awer ewéi et eriwwer war, war ech och frou, dass et eriwwer war, well ech mech elo op aner Saachen konzentréieren.

R.: wie gesäit dann een typeschen Alldag aus seitdeems du an der Pensioun bass?

B.: en typeschen Alldag? Also et gött Deeg wou einfach mol, ech hunn mer dat ëmmer ausgehale, een Dag fir mech roueg ze sinn. Mee awer di aner Deeg ass et eeh ech sinn an souvill Clibbercher wou ech am Comité sinn, ech ginn bei Drogenhëllef, bei Abrigado, ech ginn eeeh bei sans Abris'en op Bouneweg schaffen, eeeh eeeh wat och mat vill Aarbecht verbonnen ass. Ech hunn een Club, deen ech eleng feieren, eh sinn am Garten und Heim, ech rëschten d'Kierch, ech sinn an den Fraen an Mammen täteg, ech hunn souvill ze dinn, heiansdo fänkt den Dag mueres un an ech hunn all 2 Stonnen eppes an eeeh dann sinn ech frou wann ech dat gutt gepackt hunn, an aner Deeg sinn méi roueg an eeh dat geet schonn. Also ech hunn mäin Stress an natierlech maachen ech och nach Sport niewenbai en bëssi.

R.: ginn mer elo dofuner aus, et ass en Dënschden. Du stees Dënschdes op, wie gesäit däin Dag aus.

B.: ech stinn mat Zäiten op, um véierel op 6, hallwer 7. Dann drénken ech Kaffie an dann maachen ech en bëssi hei mäin Stot, an dann eeh eeh, huelen ech den Bus an dann fueren ech eeeh bei déi Obdachlos an dann maachen ech do meng kleng Epicerie op, ech hunn natierlech och Hëllef, mir sinn do zu en Puer. Dat ass eng Epicerie, wou Leit och net brauchen ze bezuelen, an dann gött do alles arrangéiert, an eeeh dann setzen ech alles dohinner an dat dauert 2 an eng halew Stonn, an dann wann et fäerdeg ass, dann huelen ech den Bus erëm fir Heem ze fueren, an dann kachen ech. Dann Mëttes ginn ech an den Pescatore gewéinlecherweis, well ech hunn do eng Damm, déi ech betreiben, wou ech hier Wäsch maachen an emol mat hier erausfueren an eeeh dat hält mir dann och mäin ganzen Metten ewech. An dann owes kommen ech Heem, an dann kachen ech an eeeh jooo dann maachen ech vlait nach eng Wäsch oder dat wat ufält esou an dann um 8 Auer soen ech dann, dann geet et duer fir haut. Dat ass zum Beispill sou een Dag Dënschdes bei mir.

R.: ginn et dann Saachen oder Situatiounen dees du zënter der Pensionéierung an dengem Liewen oder Alldag vermëss?

B.: nee. Wat mäin Beruff ubelaangt, nee. Neenee ech hunn souvill niewelaanscht. Also mäin Beruff feelt mir net. Eben well ech dat ausgeglach hunn mam Benevolat .

R.: ofgesinn vum Beruff, feelt dir vlait eng Struktur am Alldag?

B.: neenee eng Struktur feelt net. Ech hunn mech sou agedeelt, wie ech dat well maachen. All Dag fällt amfong eppes aneschters un. Eeh eeh et ass net een Dag selwecht wie deen aneren, ech hunn mech sou ageriicht, also agedeelt, wie dat eben unfällt an nee et ass ganz gutt esou.

R.: hues du dann Enkelkanner?

B.: nee nach keng. Ech waarden ganz verschmäerzen (lachen).

R.: hues du elo Hobbyen dees du virun denger Pensioun nach net has ?

B.: also wat ech elo maachen, ech ginn natierlech an den eeh Aquajogging, 2 mol an der Woch. An hobbie? (seufzen) Hobbye? Nee den den Aquajogging an méi reesen an wat kann ech nach aus Hobbye soen? An ech eeh hunn nach sou een klengen Frenchie, wou ech Bomi sinn, sou een klengen Madox, eng franséisch Bulldog. An eeh eng franséisch Bulldog die ganz süss ass, an di mir ganz vill bedeit an mat der also em di këmmer ech mech ganz intensiv. Ech hunn dann och nach eng Katz, déi mäin Hobbie ass, well dat och een Sklavendreiwer ass (laachen). An dann och nach eng Kanéngchen déi fleegebedierfteg ass, déi neierdénge all Dag muss gekacht kréien, well se keng Zänn méi huet.

R.: Gräifs du dann och op Hobbyen zréck, déi vun Gemengen oder Club proposéiert ginn?

B.: ma et ginn jo vill Saachen déi organiséiert sinn fir Leit déi an der Pensioun sinn, also zemoos vun den Gemengen. Mee ech gräifen net op déi Saachen zeréck, well ech well amfong geholl mäin Dag ëmmer sou andeelen ewéi ech well, well heiansdo ass dat dann esou, dann kritt een gesot deen Dag muss du déi an déi Stonn do sinn, an dat geet mir netmei. Ech hunn nemei sou gären, dass ech sou strikt all Dag gesot kréien wat ech ze maachen hunn. Ech well dat selwer decidéieren.

R.: an duerch Pensioun, hues du do eventuell finanziell Aschränkung, déi d'Gestaltung vun denger Fräizäit verhënneren)

B.: neeneeenee finanziell do hunn ech guerkeen Problem.

R.: Berufsliewen oder Pensiounsliewen? Du muss dech spontan elo decidéieren, fir wat endscheeds du dech?

B.: Definitiv Pensiounsliewen. Ech hunn genuch geschafft an well elo einfach just nach vun mengem Liewen an der Welt ronderëm mech profitéieren.

R.: Tiptopp. Ech soenvillmoos Merci

V.2 Interview 2



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=2

Sie sind:	<input type="checkbox"/> männlich	<input checked="" type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:67..... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input type="checkbox"/> verheiratet	<input checked="" type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:	aide-soignante.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:aide-soignante.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:60.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:Alter erreicht.....		

R.: War deng Aarbecht eng Platz wou du gären higaangen bass?

B.: jo.

R.: an wisou? Wat huet dir gefall un denger Aarbecht?

B.: ma mat den Leit, an dann eeeh, fir den Leit ze hëllef an eeeh (Paus) Jo, dat war meng eeeh, wie seet een dat?

R.: deng Berufung?

B.: jo Voilà. Mon engagement envers les personnes.

R.: ok. An hues du op der Aarbecht vill Frënn kennegeléiert, dees du och elo nach an dengem Liewen hues, déi dir och wichteg sinn?

B.: jo richtig, ech hat puer! Mee bon net sou ganz vill mee déi di Gutt, ech hunn der.

R.: Géings du dann soen, dass seitdeems du opgehale hues mat schaffen, manner Kontakt mat deenen Leit hues? Oder ass dat selwecht bliwwen?

B.: Bain pffff (Paus) mat den Leit eeeh (Paus) dat ass bliwwen, jo.

R.: Has du dech dann op deng Pensioun gefreet?

B.: Jo.

R.: an op wat genau?

B.: majo et war jo. Weste mäin Mann war krank an hien war laang laang Zäit eleng doheem, an hien huet och eeeh il a attendu que je suis en pension, pour pouvoir profiter un peu de la vie quoi

R.: avec lui ?

B.: oui exactement.

R.: Konnts du dech dann perséinlech präpereieren op deng Pensioun? Hues du dir Saachen virgeholl, dees du wëlls an der Pensioun maachen?

B.: Nee, non.

R.: du hues dech einfach iwwerraschen gelooss?

B.: voilà voilà.

R.: ok dat heescht du has keng Pläng wat du onbedéngt wëlls ënnerhuelen?

B.: eeeeh nee dat war net programméiert. Nee nee dat war net. Am Ufank wéiste, just fir ee laangen Weekend oder sou fir fort mat him, en bëssi profitéieren. Hors de la maison.

R.: also einfach nēmnen bëssi erauskommen?

B.: jo voilà.

R.: Ehm wous du vum Beruff an Pensioun gewiesselt bass, waren do ier-gendwellech Problemer, dees du hues missen iwwerwannen?

B.: Problem? Boff. (Paus) Bon am Ufank war besien eeeh ganz wéiste, ech war ëmmer fit ënnerwee an eh bemol ech war doheem, an mäin Mann hien war och do, an dann dat war besien eeeh compliqué. Weste?

R.: dat ass well deng Roll sech verännert huet?

B.: voilà voilà.

R.: du bass nemei schaffen gaangen, an du waars doheem, an dir wuard Al-lenzwee doheem, an dann si der heiansdo net laanscht eneeen komm?

B.: voilà voilà. Jojo mee bon et war ongewinnt. Mee et war net laang gaan-gen.

R.: Ok. An wie hues du et dann gemaach, dass du gutt domadder Eens ginn bass?

B.: ooooooh (Paus)

R.: Bass du vlait méi oft eraus gaangen ouni hien? Oder eeeh

B.: Neenee, ech war, nee. Ech hunn weidergemaach wie wann neicht wier. Hien wa ëmmer mat mir.

R.: wie ass dann däin typeschen Alldag. Zum Beispill du stees Dënschdes moies op. Wie gesäit däin Dag elo an der Pensioun aus?

B.: majo ech stinn op, richtig. An ech maachen direkt mäin Kaffie. (laachen) an dann Zeitung an Boîte sichen an dann maachen ech mir gemittlech Früh-stück. An voilà. Ech brauch moies meng Zäit. Net gehetzt. An dann wann ech eppes hunn, ech fueren fort, Kommissioun maachen oder sou. An dann heem an dann bëssi Fernseh, en bëssi Zeitung liesen an dann jo. An den Gaart och schaffen.

R.: an du kachs der ëmmer?

B.: ech kachen net all Dag. Wann ech gutt Kaffie drénken, ech brauch neicht bis Nomëttes. Ech maachen net extra um 12 eppes, neenee.

R.: an du hues all Moies déi selwecht Zäit wou du opstees? Oder stees du einfach op, wann du wakereg bass?

B.: eeeeeh. Plus au moins selwecht.

R.: wëlls du dir den Wecker stells?

B.: neeeneeneeee einfach well ech wakereg ginn, an et eng Routine ass.

R.: ginn et dann Saachen oder Situatiounen, déi dir zënter denger Pensioun am Liewen oder am Alldag feelen?

B.:pfff nee. Nee.

R.: Struktur vum Dag eventuell? All Dag en Ziel ze hunn?

B.: jo, also ech muss awer eraus am Dag. Net all Dag doheem bleiwen.

R.: hues du dann och Deeg, wou du sees, eeehm, sou lo setzen ech hei, an ech weess net wat maachen?

B.: nee ech versichen ëmmer eppes ze maachen.

R.: hmhm. Hues du dann Enkelkanner?

B.: jo ech hunn 2 kleng Jongen.

R.: an wunnen déi an denger Géigend?

B.: neenee, déi wunnen weit ewech, an Südfrankräich.

R.: an wie oft gesäis du si?

B.: ooooh all 2-3 Méint. Dann fueren ech dohinner fir 1 Mount, 6 Wochen.

R.: an wann s du dann do bass, dann bass du all Dag mat hinne?

B.: eeeh nee net onbedéngt. Ech hunn och eng kleng Wunneng fir mech. An dann sinn ech heiansdo bei mengem Meedchen awer och heiansdo bei mir, fir mech eleng.

R.: an du géing och elo soen, dass du an denger Pensioun vill Zäit hues do-fir? An dass du dech och frees, dass du kanns dohinner goen, an deng Zäit fir deng Enkelkanner hues?

B.: jojo, richtig.

R.: weis du geschafft hues, waars du dunn scho Bomi?

B.: jo ech war scho Bomi.

R.: hues du se do manner gesinn ?

B.: jo manner.

R.: an et gefält dir awer elo, dass du se méi gesäis?

B.: jo natierlech (laachen)

R.: seits du an der Pensioun bass, hues du do aner Hobbyen ?

B.: jo dach ech ginn bei Katzen hëllef sou. Do sinn vill Saachen ze maachen, ne, fir Fester, fir se propper ze maachen, alles eben iwwert Katzen.

R.: soss nach eppes?

B.: bon speciale? Ahjo. Gin ech och bei déi kleng Kanner an der Staat, an Kannerland. 1 mol an der Woch, da sinn ech do mat de Kanner. Ehm fir Bomi ze spillen bei di kleng Kanner.

R.: an dat ass all Mëttwoch? An ëmmer zur selwechten Zäit?

B.: jo.

R.: an bei den Katzen ass och ëmmer eng fest Zäit?

B.: eeeeeh bain nönö. Net ëmmer, mee 2 mol an der Woch, mee wann keen Personal do ass, dann sprangen ech an.

R.: ok gutt. Ehm hues du scho vun Aktivitéiten héieren, déi beispillsweis vun Gemengen an Club organiséiert ginn?

B.: jo ech hunn schonn gelies dofouer, fir Fitness ansou. mee bon dat ass net Menges an ech géif net dorobber zeréckgräifen.

R.: awer du hues scho dofouer héieren?

B.: jojo ech hunn schonn héieren.

R.: an seitdeems du an der Pensioun bass, sinn do eventuell finanziell Aschränkungen , déi dir deng Hobbyen net erlaben, deng Fräizäit esou ze gestalten, ewéi du et gärén wëlls?

B.: neene dat geet. Dat huet sech net geännert.

R.: ok super. Eng lescht Fro nach. Wou hues du dech dann mi glécklech an erfëllt gefillt, am Berufsliewen oder elo an der Pensioun?

B.: baaain (paus) elo. Et ass awer eng gutt eeh gutt , comment on dit ca ? oui pour se reprendre et tout et profiter de la vie quoi.

R.: Super, villmools Merci

V.3 Interview 3



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=3

Sie sind:	<input checked="" type="checkbox"/> männlich	<input type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:64..... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen:	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:Schweisser.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:Lehrschweisser.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:60.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:krankheitsbedingt.....		

R.: deng Aarbecht, war dat eng Platz wou du gären higaangen bass?

B.: Op Jiddefalls sinn ech gär dohinner gaange.

R.: An wisou?

B.: ma well dat mir Spaass gemaach huet. Well zum Schluss war ech jo Lehrschweisser, an do hat ech mat vill jonken Leit ze dinn gehat, an ech hunn och den ganzen Betrib do organiséiert. An et war richtig flott.

R.: Dat heescht du hues deng Aarbecht mat vill Loscht an Motivatioun gemaach?

B.: majo ech wollt eigentlech erreecht mat 65 Joer an d'Pensioun goen, mee et ass eben aneschtters komm well ech krank war, well ech dunn Kriibs krut, an dann ass dat eben esou.

R.: an eeh duerch déi Aarbecht, hues du do vill Frënn kennegeleiert, déi och elo nach vill präsent sinn an dengem Liewen?

B.: Dach ech hunn och Mentoring gemaach an der Schoul an eh mat deenen hunn ech nach alleguerten Kontakt. Mir ginn nach reegelméisseg iessen, zesammen drénken. An och vun deenen Aarbechter, mir haten immens vill Portugisen, et sinn jo immens vill Portugisen hei am Land, an och wann ech déi gesinn, dann ruffen déi: Hey (Name), an hei an do. an dann ginn mer och ee Patt drénken.

R.: ok dat heescht du géings elo net soen, dass zënter deem du an der Pensioun bass, déi Kontakter manner ginn sinn?

B.: op kee Fall.

R.: wann ech dann elo deng Situatioun kucken, dann konnts du dech eigentlech net op deng Pensioun freeën, well se éischer onerwaart komm ass?

B.: jo, also wie gesot ech wollt erreecht mat 65 Joer an d'Pensioun goen. Mee dat koum esou, dann ass dat eben esou, an fäerdeg.

R.: Dat heescht du konnts dech och net dorobber virbereeden, wat du mat denger Zäit an der Pensioun ufänks?

B.: Nö dat ass ratzfatz gaangen. Ech hunn direkt missen operéiert ginn, an eeh dunn och dono nemei ugefaangen mat all deenen Medikamenter. Mee ech hunn och elo nach vill Kontakt mam Schweissverband, wou ech ëmmer Kuren gehalen hunn, an ech hunn quasi awer nach ëmmer mat deenen selwechten Leit ze dinn.

R.: Dat heescht, du häss der awer eventuell gewënscht, dass den lwwergang aneschtters verlaf wier?

B.: Ech weess net. Ech hat souwisou och wëlles wann ech mat 65 an Pensioun ginn, awer nach en bëssi virun ze maachen mat den Firmen déi ech kennen. Ech hëllef en jo haut nach den Firmen, ech verdéngen zwar do wieder neicht, mee dat sinn Kollegen ginn amfong. Wann déi en Problem beim Schweessen hunn, dann ruffen déi mech un oder ech fueren laanscht an dann klären mer dat.

R.: Wueren dann do Hürden, déi fir dech schwéier waren, fir doriwwer ewech ze kommen?

B.: amfong geholl net. Am Ufank huet et engem bëssi Leed geden, mee dass eng Entscheidung, déi ass der ewech geholl ginn an dass en Fait, an dann ass dat esou.

R.: an wie konnts du dat fir dech selwer bewältegen?

B.: Ech sinn amfong geholl gutt doriwwer ewech komm, well och vill ze dinn hat mat den Arbitteren an ech jo awer nach vill Kontakt zur menger Aarbecht hat. Et war keen groussen Ënnerscheid. Dat eenzegt wat den Ënnerscheid war, Moies konnt ech am Bett leien bleiwen (laachen). Well soss sinn ech ëmmer um véierel op 6 opgestanen, well um hallwer 8 hunn ech missen op der Aarbecht sinn, an dat ass riet duerchgaangen bis Owes hallwer 8/hallwer 9. Virdrunner sinn ech net Heem komm.

R.: Häss du dir dann nach aner Ennerstetzungsmeiglechteeten gewénscht? Vun Leit oder eventuell och vun dengem Betrib, enger Gemeng...?

B.: (Husten) Amfong geholl net. Ech sinn gutt doriwwer ewech komm. Meng Fra an meng Frënn hunn zu mer gehale an ech mengen, wat wëllste do nach aneschtens vun enger Gemeng oder hei oder do. do gëtt ëmmer vill geschwat mee do ass neicht hannendrun. Ech sinn jo och bei der Alkso, fir déi Kriibskrank, ech hunn mech do och engagéiert en bëssi. An ech turnen 3 mol d'Woch mat hinnen. An ech mengen dat ass flott, an et ass schonn gutt sou wie et ass.

R.: an wie gesäit dann elo en typeschen Alldag bei dir aus, seitdeems du an der Pensioun bass?

B.: ma dat geet moies fréi un mam Hond spadséieren goen. An dann kommen ech Heem an dann ginn Deieren, Katzen an den Hond, gefiddert an dann drénken ech Kaffie, ech liesen d'Zeitung an dann ginn ech an den Keller werkelen oder ech sinn um Computer, wann ech fir Futtball Federatioun nach muss Klassementer maachen. Dann ass den Mueren Ratz Fatz em. An dann ginn ech erëm mam Hond an dann am Nomëtteg sinn ech meeschtens ënnerwee. An Owes ass dann och Fussball oder Training. Also den Dag ass ausgelaascht.

R.: Ginn et dann Saachen oder Situatioun, déi dir an dengem Alldag feelen, zënter der Pensioun?

B.: Amfong geholl net. Am Ufank huet een gemengt eeeeh den Betrib géing net virun goen, wann s du net do bass, well ech jo awer ëmmer alles selwer organiséiert hunn. An och déi déi do schaffen, déi kommen net aus der Schweestechnik, dat souwisou ass dat beim Staat bëssi komesch (laachen). Mee do ginn ech elo net an den Detail eran, well do kéint ech een Buch schreiwen. Nee also eeeh nee et feelt mir neicht.

R.: Hues du dann elo Hobbyen, déits du virdrunner nach net has?

B.: Nööö also Hobbyen, bon bei der Alcso, do ginn ech alt mol, well soss sinn ech ni turnen gaangen. Mat deenen ginn ech turnen, Aquagym, Gymnastik an esou. An eeh soss déi aner Hobbyen hat ech scho all virdrun. Fussball hat ech schonn, just dass ech elo do nach bëssi méi engagéiert sinn. Well ech Klassement vun den Arbitteren nach maachen. An och am Futsal an der Hal, do sinn ech eeeeh engagéiert. Amfong geholl ass just dat mam Turnen nach bäikomm, an de Recht war schonn.

R.: An dat Hobbie ass dobäi komm, wëlls du eben déi Krankheet krus?

B.: Jo, ech war mat mengem Papp beim Zännokter an do war eng eng Turnjoffer vun mengem Meedchen an dunn haten mir doriwwer Rieds an dunn sot hat ma dann komm bei eis. An dunn hat ech mat menge Doktesch doriwwer Rieds, wou ech Chimio do gemaach hunn, an si sot dat wier eng gutt Saach. An dunn hunn ech do ugefaange. Den Ufank war mir en bëssi schwéier gefall, well ech scho laang keen aktiven Sport méi gemaach hunn, mee elo freeën ech mech fir 3 mol d'Woch dohinner ze goen, an heiansdo souguer 4 mol.

R.: Dat ass jo super. Gräifs du dann och ob öffentlech Angeboter vun der Fräizäitbeschäftegung zeréck? Kenns du déi?

B.: joo héieren, mee amfong geholl gräifen ech net dorobber zeréck. An der Gemeng fueren ech vlait 1 mol am Joer mam Vëlo mat, mee am Prinzip sinn ech ausgelaascht. Eeh och mat der Alcso, déi ginn relativ vill lafen. Lafen dat kann ech zwar net, mee ech ënnerstëtzen et awer ab und zu. An si ginn och mam Vëlo fueren, an do ginn ech dann mat. Awer soss hunn ech keng Zäit gin ech soen (laachen).

R.: (laachen) ok mee du weess awer Bescheed iwwert des fraizougängelech Aktivitéiten?

B.: Jojo ech weess Bescheed doriwwer. Ech weess wat do leeft.

R.: an duerch Pensioun, hues du do eventuell finanziell Aschränkung, déi d'Gestaltung vun denger Fraizait verhenneren?

B.: Nö. Finanziell hunn ech och guernet vill Verloschter. Ech hat eben di Chance, dass ech an mengem Liewen ëmmer vill geschafft hunn, scho fréier wou ech bei der Arbed war. Also do hunn ech guerheng Aschränkung.

R.: Ok, super. Nach iergendeppes wat du wëlls bäifügen, wou du mengs, et wier wichteg fir ze wëssen?

B.: eng eegen Brauerei (laachen)

R.: (laachen) ass dat nach däin Ziel?

B.: Jo (laachen)

R.: Firwat net (laachen) Ech soen Merci, fir deng Zäit.

V.4 Interview 4



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=4

Sie sind:	<input type="checkbox"/> männlich	<input checked="" type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:52..... Jahre alt.		
Familienstand:	<input checked="" type="checkbox"/> ledig	<input type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input type="checkbox"/> auf dem Land	<input checked="" type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:CAP - CATP.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:employee privee - Bank.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:52.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:pré-pension.....		

R.: War deng Aarbecht dann eng Platz wou du gären higaangen bass?

B.: (Pause) Vue dass ech vill changéiert hun, also innerhalb, eeh also, innerhalb vun der Bank selwer, (pause) also ech geif soen zu 80% wuar et eng Platz wou ech gär hin hin higaangen sin. Natierlech gin et Deeg wou een net gären gaangen ass, mee am Groussen an Ganzen dach.

R.: Ass daat wells du sees et wuar ofwiesslungsräich, wells du net emmer deen selwechten Posten has?

B.: Nee ech hun emmer intern gewiesselt. Dat heescht zum Schluss wuar ech elo 8, 9 Joer, am Personalbüro. An do wuar et nawell flott.

R.: Wat wuar dann die Aufgaben, die dir am beschten gefall hun?

B.: dat wuar elo zum Schluss, d'Salair ze maachen an den Horaire mobil. An eeehm, ech wuar eng Zäit am Service Crédit, dat wuar fir d'Krediter ze maachen.

R.: Has du do mei mat den Clienten ze din?

B.: Nee u sech guernet. Well mir hun keng Clienten an deem Senn, elo wie wie d'Bill, oder BGL. Mir hun keng vun extern, dat heescht, wann een ee Crédit wollt, dann wuar dat en Employee oder grouss Firmaen oder. Mee do wuar emmer eng Persoun virun eis, die mat den Leit geschwaat huet, den Gestionnaire. An mir hun dann amfong geholl, d'administrativ Aarbecht handendrun gemaach.

R.: also has du elo manner Kontakt mat den Leit?

B.: Jo. Ech hat mol heiansdo een um Telefon, awer am Groussen Ganzen net esou.

R.: Hues du dann vill Frenn duerch deng Aarbecht kennegeléiert, mat deenen du och elo nach am Pensiounsliewen Kontakt hues?

B.: Jo Meng beschten Frenn, hun ech op der Aarbecht kennegeléiert. Also ganz vill eigentlech. Suguer desen Freiden hun mir elo nach een Conventiat mat deenen Leit vun der Bank. Wieklech, ech geif soen, dass en gudden Deel vun der Bank ass.

R.: Geings du dann soen, dass dain Haaptfrendeskrees aus Leit vun der Bank bestinn?

B.: Den Haaptfrendeskrees, nee. Unsech net.

R.: Ass dann elo den Kontakt manner mat deenen Leit gin, zanter deem du an der Pensioun bass?

B.: Also, jo, et sin elo reicht puer Méint. Eeehm. Nee ech kann amfong geholl net soen, dass en manner ass. Ech gin heinsdo mat verschiddenen iessen. Dass natierlech eppes aneschters, wans du lo heiheem bass, dat heescht eeehm, den deeglechen Kontakt ass nemei do. mee et ass es awer nach do. Ech kann net soen dass Frëndschaft gelidden huet, an schon guernet mat deenen, wou ech ganz gutt sin.

R.: Daat freet een ze heieren. Hues du dech dann op deng Pensioun gefreet?

B.: Jein. Ech hat eeehm (Paus) ech woust, ech muss sou unfänken. Wie de Saach eraus komm ass, dass een kann op der Bank eischer kann goen, hun ech ennerschriwen. Well ech sollt beemol den Service wieselen an eehm, ech wollt dat net nach hun, müssen nei an engem Service unzufänken. An dun sin ech eng Woch an den Congé gaang, an dono hat ech een Herzinfarkt an een Häerzstëllstand. An dun louch ech 9 Deeg am Koma an dono ganz Reha an esou. An wie ech dun rem schaffen komm sin, dun wuaren souvill Meint vergaangen. An dofir hun ech mech gefreet. Well ech och zum Schluss kierperlech nemei sou gepackt hun, fir den ganzen Dag do ze setzen. Sie hun mir die stresseg Aarbecht zwar eweg geholl, mee schon nemmen fir do ze setzen oder fir do mech ze konzentréieren. Do hun ech dofoner un, wicklech Problemer mat der Konzentratioun. Dofir hun ech mech wicklech imens gefreet. Am Ufank wuar et een komescht Gefill , mee dun wie gesoot, et dun emt Gesondheet gaangen ass, dun wuar ech erliichtert.

R.: Dat heescht geings du soen, du haas net vill Zäit fir dech dodrober virzebereden?

B.: dach unsech hat ech baal 2 Joer. Du hues missen 52 Joer aal sin, dofir wust ech weini ech geing goen an Pré-Pensioun. Mee ech woust vun Ufan un, dass Dezember, dass ech misst bis Dezember 2018 schaffen.

R.: hmhm. Has du dech dann dodrober präpereiert op den Iwwergang?

B.: Nee, dat eenzegt wat ech geplangt hun, wuar den Mupp. Ech hun do am Fierfeld mam Ziichter gekukt.

R.: Wiesou genau domader ugefaangen?

B.: Well ech wusst dass ech vill doheem waert sin, an ech mir nom Doud no mengem aaneren Hond, rem wollt een zouleen an ech mech dofir wolt präpereiieren. Fir kennen dono vill Zait fir den neien Mupp ze hun. Mee soss groussaarteg mech drob virbereede, hun ech net. Ech soot mir loos et mol kommen. Deen Moment wous du eeeeh, wanns du an enger Situatioun bass, dat gefällt mer lo net, dann hätt ech no enger Leistung gesicht. Mee ech muss och soen, dass ech die zwee éischt Méint immens Zäit gebraucht hun fir ze raschten.

R.: Gouf et dann beim Iwwergang selwer iergendwellech Hürden, dies du hues missen bewältegen?

B.: an weienger Hinsicht?

R.: Ma huet dain Patron dir et eventuell net einfach gemaach?

B.: Nee am Géigendeel. Also vun deem Moment wou ech rem komm sin, eeeeh, wou ech, eeeehm, aus der Klinik entloos gin sin, wuar ech laang do-heem. An dono hun ech mam mi-temps therapeutique ugefaangen. Do hun sie mir Salairen eweg geholl, well sie fonnt hun, dass dat zevill Stress fir mech wier. An dat ass bis zum Schluss bliwen, daat heescht si hun mir, well se gefarrt hun, ech geif nach een Infarkt maachen, eehm, hun sie mir all Stress eweg geholl. Sie hun och mir wieklech keng Steng an den Wee geluecht. Ech muss effektiv soen, sie hun mir et sou einfach ewei meiglech gemaach hun. An gesoot hun, hei wann eppes ass, waat dech ze vill nervt, dann komm bei eis oder sou.

R.: An vun der Ënnerstëtzung vun der Famill hier? Wuar do alles esou weis du dir et gewënscht hues?

B.: jo also eehm, dach, also die meescht hun et ganz positiv opgeholl. Eben duerch Fiergeschicht. Et wuaren der ganz vill, haaptsächlech meng Schwës-ter an d'Famill, die wuaren schon frou, dass si eben wousten, dass do vill Stress geif roofkommen an ehm ech muss och soen, datt ehm, meng Frenn direkt eeh sou sou Pläng gemaach hun, fir eppes ze ennerhuelen. Die sech gefreet hun, rem eppes ze maachen. Den Kontakt wua vrun der Pensioun manner. Ech hat emmer nemmen Samschdes Zäit an elo kann ech dat an der Woch. Jo, et ass unsech, den Kontakt vill mei intensiv wie virdrun.

R.: Also geings du eventuell soen, dass Famill an Frenn dech an deem Sënn ennerstëtzt hun, fir deng frei Zäit ze gestalten?

B.: Jo, dat jo. Ech hun amfong geholl nie Problemer gehaat fir Zäit erem ze kreien, neenee. Mee et wuar schéin ze gesinn, wie Leit dun no er gekuckt hun.

R.: Jo dat ass secher en schéint Gefill. Wie ass dann elo sou een typeschen Alldag bei dir an der Pensioun?

B.: Also (Pause) Normalerweis um 6 Auer kennt meng Pelzbull wou mech erwëscht. Dat heescht mir stin op, hat geet sech propper maan an dann kommen mer eran. An dann well hat spillen, an ech sin awer nach sou midd (lachen). An dann leen mer eis op Couche, an dann schleift hat mee ech si voll wakreg. An dann hänkt et dofouer oof. Dann gin mer trëppelen an dann gin ech Kommissiounen maachen oder mir gin anzwuersch bei Leit. Mee unsech sou ganz speziell hun ech elo nach net eeehm sou ganz richtegen Rhythmus, ech loosen alles besi mei op mech duerkommen. Dann koschte- ren ech heiheem, dann gin mer rem mei laang trëppelen an eeeh. Hat muss

jo awer och nach vill schloofen an dann setzen mer heiheim. Ech machen dann mol meng Mailen oder sou. Oder ech kuken Fernseh.

R.: Fir den Moment geings du soen, du liews mei an den Dag eran?

B.: Jo also (Husten). Ech hun awer iwer Woch Saachen geplangt, ewei mol lessen goen oder bei Frëndinnen goen. An eeeeh, oft gin ech Sonndes bei meng Mamm an Altersheim, well do manner Trafic op den Stroossen ass. Mee et ass awer elo effektiv net sou, also jo ech hun verschidden Saachen geplangt, mee neee, ech hun keen festen Alldag oder Wochenooflaaf. Mee och momentan well ech den Hond och nach net laang eleng loosen, ass vlait och dat (laachen).

R.: gin et dann Saachen oder Situatiounen die dir an dengem Liewen oder Alldag feelen, zanterdeem du nemei schafft?

B.: jo (pause) feelen unsech bis elo, nach net sou richtig. Wahrscheinlech awer trotzdem en besi den Kontakt mat den Leit. Well ech jo awer laang op der Bank wuar, an doduerch kennen ech vill Leit. Du has emmer Gespreich. Et sin awer elo heinsdo hei Deeg, wou ech just mam Hond schwetzen. Mee ech kann elo awer net soen, dass dat mir ganz speziell feelt. Dat elo net onbedengt. Ech sin emmer ee Mensch gewiecht, deen awer och mol seng Rouh braucht, oder gaeren eleng ass. Ech muss net emmer Leit ronderem mech hun, mee eeehm (Pause) et dief awer och net zevill laang sin. Mee dat ass et awer och net, well eeehm, ech awer all zweeten Dag iegendwou hinginn.

R.: awer soss feelt der neicht? Vun Struktur hier? Opstoen all Moien emt die selwecht Zäit?

B.: Nee well dat ass just wat mer zum Schluss imens schweier gefall ass, dat moies opstoen. Well eeehm ech kierperlech et nemei gepackt hun, fir moies esou freih opzestoen (husten). Et wuaren awer emmer laang Deeg, an hun et oft net gepackt. Hun mat Congé dann emol opgefellt oder sou. An dofir eehm, nee dat feelt mer net. Die richtig Struktur, dat gett jo och eng Monotonie. An dat unsech, ech hun zwar och elo hei eng Monotonie, mee dat ass eppes anschters. Well dat ass eng, die ech mir eraus gesicht hun, an die ech gaeren hun. Wann ech keng Loscht hun op eppes, dann ass dat sou. Ech ge-neissen dat. Ech muss net all Dag eppes ennerhuelen. Den Stress kann ech bestemmt net soen, dass en mer feelt (laachen).

R.: (laachen) Eeeh ganz aaner Fro, hues du dann Enkelkanner?

B.: Nee, ech hun guerkeng Kanner. En Hond hun ech. (laachen)

R.: Daat ass och vill Aarbecht (laachen). Hues du dann elo Hobbien, deis du virun denger Pensioun net haas ?

B.: (Pause) Nee. Nee well dei Hobbien dei ech virun der Pensioun hat, die hun ech och elo.

R.: also ass an deem Kontext alles selwecht bliwen?

B.: et ass elo vlait manner gin elo. Mee dat huet neicht mat der Pensioun ze din, mee mam Infarkt. Ech hun mat enger frendinn vill an der Keramik geschäft, dat heescht modelleiert an glaseiert. An eeehm dat helt der imens Konzentratioun. An ech kann mech nemei sou laang konzentréieren. Et sin awer puer Sinapsen die nemei sou riit gin nom Koma. Nee ehm mee dofir eehm, ech gin nach vill bei hat, an ech hellefen och mee ech setzen nemei sou laang dobai. Mee dat mecht mir dofir awer net manner Spaass, an ech maan et och weiderhin, mee ech maachen mei Pausen an leen mech datescht mol op d'Couche. Awer soss eppes bäikomm hmmm (pause) neee. An den Hond, jo ech haat jo emmer een Hond. Soen emr sou die lescht 5 Joer wou en elo nemei do wuar, wuar ech vill roueg. Mee lo hun ech hat lo.

R.: Also spadséieren goen, ass dann awer een Hobbie wou lo rem zrek kennt?

B.: jojo, dach.

R.: Kenns du dann die ëffentlech Angeboter, wie beispillsweis an der Gemeng den sport pour tous, fir d'Fräizaitgestaltung?

B.: jo, kennen ech. Mee ech soen der eierlech, ech sin keen soueen Clubmember. Mee och weider informéiert hun ech mech och net.

R.: Mee du wees awer, dass se do sin?

B.: Ech wees, dass et verschidden Denger gin, jo.

R.: An du waers elo dofuner oofgeneigt oder net?

B.: et hänkt dofuner oof, wat et ass, ne. Wei gesoot elo, ech well mech lo net (husten) iegendwei engagéieren, wou ech dann rem souvill Deeg an der Woch ënnerwee sin. Dat well ech net onbedengt. Vlait mei speit, dat kann jo nach alles sin. Wann ech elo mieken ,dass ech keng Loscht hun emmer rem bei die nämlecht Leit ze goen. Ech well et net ganz oofschloen, mee fir den Moment hun ech den Besoin einfach net well eeeeh wel lech main Liewen lo sou relax well gestalten wie et nemmen geet eeehm well net heeschen dass ech net an engem Joer soen, kuk elo iegendwei an en Club ze goen.

R.: Gin et dann duerch Pensioun eventuell finanziell Aschränkungen, die Fräizaitgestaltung keint verhënnere?

B.: Finanziell Aschränkungen hueste, effektiv. Mee ehmm (Pause) ech sin awer eent wat, wie soll ech soen, ech hun nach nie geliewt iwert meng Verhältnisser. Ech denken mer, wans du doheem bass, dann hues du jo och

manner Ausgaben. Du gees mëttes nemei all Dag iessen, du brauchts nemei souvill Kleeder an ech denken, do sin einfach Saachen wous du kanns spueren. Bis elo muss ech soen, geet et.

R.: Du géings elo net soen, dass seitdeems du an der Pensioun bass, hues du missen däin Liewen komplett missen op Kopp geheien, fir kennen finanziell Eens ze gin?

B.: Neenee absolut net. Ech kann normal weider liewen.

R.: Berufsliewen oder Pensiounsliewen, wou hues du dech mei erfëllt gefillt?

B.: (Pause) jooo, erfëllt. (Pause) dat ass eng gutt Fro. (Pause) Soen mer mol sou, am Ufank wous du schaffen gees, fenns du dat flott. Jo ech geing schon soen, et wuar awer, ech wuar unsech nie eent, wat mat Widdermutt schaffen gaang. Natierlech gouf et Deeg, wous du gesoot hues, ech hun den Kéis. Mee awer iegendwann koum d'Freed awer rem an dann wuar et rem gutt. Mee eeehm Pensioun jo pfff. Et sin lo puer Méint wou ech lo doran sin. Fir mech ass et nach besu wie laangen Congé. Et ass eben just en Congé, wous du wees dass en net ophält.

R.: Mécht der dat Angscht, wans du un die Ausso denks?

B.: Neee. Nee well ech mer einfach, well ech eent sin, waat seet, loos den Laascht op dech duerkommen. Ech sin och keent wat sech Gedanken mecht iwert iergendeppes, ier et geschitt.

R.: Gin et dann nach Zieler, dies du wels errechen an den nächsten Joeren?

B.: En Wonsch dat ass gesond ze bleiwen. An dass ech awer nach eng Zäitchen hun an eeeh vläicht nach een passenden Partner fannen. Nee mee soss, wie gesoot, dass meng Famill an ech an meng Frënn, datt mer gesond bleiwen.

R.: Dat wënschen ech dir och. Dat war et schon. Villmools Merci.

B.: Dat war et schon, maja. Merci

V.5 Interview 5



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=5

Sie sind:	<input checked="" type="checkbox"/> männlich	<input type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:60..... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:	Diplomeierten Informatiker.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:Management (Post).....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:60.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:Dienstjahre erreicht.....		

R.: War Är Aarbecht eng Platz wou Dier gärén higaangen sidd?

B.: Jo.

R.: An duerch weiang Grënn?

B.: et wuar éischtens Kollegialitéit. Dat wuar iwer all die Joren, mat die schéinsten Saachen die ech hat. Eeeh all Dag eppes anescht an eeeh et huet mer einfach Spaass gemaach.

R.: Wat wuar dann Ären Aufgabeberäich?

B.: Deen huet variéiert. Eeeh ech hun unsech ungebraang op der Post an eeeh zwar hun ech ungebraang an der Bréifpost. Dat heescht ech wuar am Guichet. An uns ech wuar ech op Post gaang, fir Informatik. Mee wie ech dohin komm sin, dun wua die Plaatz nach net frei. Dun hun se gesoot ech soll lo mol 1, 2 Meint mol Timberen verkaafen. Dat hun ech dun och geaach an eeeh mee dat wuar dun 1 Joer. Dono sin ech dunn an Informatik komm an d'Informatik hun ech ganz am Ufank, hun ech probeiert, sou am Laaf vun den Joren hun mer dun eeeh hat ech Chance fir kennen en relativ groussen Projet op der Post ze maan. Virun allem huet deen sech mat eeeh engem Logiciel gema deen an Neuseeland entwéckelt wuar. Dofir konnt ech dunn eeeh 3, ech wuar 2 mol an Neuseeland, eemol 2 Wochen an eemol 3 Wochen. An dat wuar richteg flott, muss ech ganz eierlech soen. Mir hun zwar vill geschafft do, mee mir haten och Zait fir besi kennen kuken ze goen. Eeeh no daer Zait eeeh hun se dunn een gebracht, die sech hun die dagdeeglech Informatesch Produktioun këmmert. An dunn hun ech dat während (Pause) enger gudder Reih Joer gemaach, 15 Joer, eeeh an hat dono mat 55 hat ech daers awer bëssi genuch. Emmer nemmen Informatik ze maachen an eeeh dun hat ech Chance, dass eng Plaatz frei gin ass, bei Technologies. Wou et mei drem gaang ass, Prozesser ëmzesetzen, Aarbechtsprozesser ze definiéieren. An hun mech do gemellt, an die och kritt. An hun die lescht 5 Joer dat gemach. Mee wat se net sooten, ass dass ech awer immens vill Informatik do hat.

R.: (Laachen) also dach Informatik.

B.: Jo (laachen)

R.: Géing Dier dann soen, dass Dier vill Frënn op der Arbescht kennegeleiert hutt?

B.: ech hun extrem vill Leit kennegeleiert, well et ass sou, datt een Deel hun ech dann an der Informatik kennegeleiert. Den aneren deel hun ech bei Technologies kennegeleiert. An Post ass een riesen Betrib mat ganz villen Leit. An och extern hun ech vill Leit doduercher kennegeleiert.

R.: An die begleeden lech och elo nach emmer an der Pensioun?

B.: Do ass manner Kontakt. Et sin der eeh puer ganz eeh spezifesch Leit, die ech nach emmer relativ vill Kontakt hun. Relativ vill heescht net elo all Dag mee eeh 1 mol de Mount oder sou. Mee die aaner Seit ass et och esou, wie ech an Pensioun gaang sin, an dat wuar och bewusst gemach gin, wie ech an Pensioun gaang sin, hun ech gesoot, ok dat doen ass elo en Kapitel vum Liewen, dat ass elo eriwier an elo kennt eppes neies. An ech konzentrieren mech elo op dat Neit. Dat well elo net heeschen, dass ech neicht mei vun deenen Leit well wessen, mee et ass awer, dass Berufsliewen nemei ze vill well integréieren.

R.: Daat heescht Dier gingt elo soen, dass et lech net onbedengt Leed deet, fir die Kontakter die elo manner sin an der Pensioun?

B.: Eeeeh die jeineg, dies du wieklecgh gär haat, die sin dann nach do.

R.: hu Dier lech dann op Pensioun gefreet?

B.: Jo.

R.: An op waat?

B.: Ech hun mech virun allem drob gefreet eeeeh mei Zäit ze hun, fir die Saachen Heiheim ze maachen. Die Zäit wou ech schaffen gaang senn, op daer Position do schafft een normalerweis keng 8 Stonnen den Dag, mee gin der seier 10-12. An eeh do bleiwt fir dat ronderëm Heiheim, net vill Zait, praktesch guerkeng. An dodrober hun ech mech wieklech gefreet.

R.: An hu Dier lech dann perséinlech op Pensioun präpereiert?

B.: Ech hun et sou gemaach, dass ammmmmm, Januar 2018 hat ech Gespréich mat mengem Direktor. An dunn sot ech zu him, ech geif gaer berouegt an Pensioun goen an dunn hun ech em proposeiert, dass ech geif en Plang ausschaffen eeh wie mir die Pensioun keinten fierbereeden op der Aarbecht. An eeeeh do, deen wuar dun och d'accord domader, gott sei dank. Et sin 2 Leit die dat wat ech bis elo gemaach hun, die dat iwerhuelen. An dun hun mer en Plang ausgeschafft, deen wua dann am Abrëll faerdeg. An deen Plang huet fiergesinn, dass mir während 4, 5 Meint geifen sie mir praktesch iwerall nolaafen. Mir hun dat follow the trainer genannt. An eeeeh dat wuar och dunn sou, datt eeeeh, mir hun dat esou organiseiert, datt bei all Reunion, an alles wat mir gemach hun, dass mir alles oofgeschwaat hun. Ab September hun mer dun geswicht. Dunn hun mer et sou gemach, dun war et follow the trainy, dunn sin ech hinen nogelaaf. Awer emmer manner. An ech muss ganz éierlech soen, datt dat eng Phase wuar, die wuar eierlech gesoot net ganz einfach, well et wuar ganz bewusst sou gemaach, dass ab dem September geifen sie, eeeeh, geifen sie och Richtung fierginn, wou et hingeeet. An dass kloer, datt jidereen huet seng eegen Method, an dat wuar dann heinsdo, schweier fir mech, fir neicht ze soen. An da hue dun gedauert

bis Enn November, an den 1ten Dezember, huet main Congé ugefaange an eeh an deem Congé hun ech eeh, am Dezember bis März, eeh am Dezember wuar ech nach 1 Woch schaffen, am Januar nach 3 Deeg, eeh awer just nach fir kuerz Explikatiounen ze gin, awer méi et.

Dat wuar den Deel fir op der Aarbecht. An den Deel heiheem, do muss ech ganz éierlech soen, datt ech do eigentlech vill manner fierbereed hun. Ech wosst dass wann ech eeeeh, heem kommen, dann ging ech eng Phase anleen, wou eeeeh, wou ech ganz einfach relaxéieren, dat soen ech ganz eierlech. An dass ech heiheem ganz e Koup Saachen, die mir all die Joren op Nerven gaang sin, dass ech die mol ganz gemittlech heiheem faerdeg maan. Während daer Zäit, ech wuar nach net knapps am Congé, dunn hun schon die eng oder die aaner schon gefroot, fir Saachen ze maachen, an ech soot deenen elo virum Kuerzen nach, dass ech lo nach neicht maachen, et ass mir nach ze fréi.

R.: An die Situatioun op der Aarbecht, wou d'Personal lech hannendrun ge-laaf ass, an Dier hinen dono, wuar dat fir dass et lech mei einfach fält vun der Arbescht fort ze goen? Eng Art Berouegung, dass den Betrib wieder leeft, wann Dier nemei do sidd?

B.: Ech geif soen die zwee. Well den eeh ech wollt onbedengt hun, dass eh an Pensioun gin, an dass dat meescht gereegelt as, an dass die Leit angeschaff sin. An dass se eng Chance hun, dat richtig ze iwerhuelen. An ob der aanerer Seit, huet et mir einfach gutt gedoen, daat ze wessen.

R.: Ok. An gouf lech eventuell virgeschloen mat den Stonnen eroof ze goen?

B.: Jo die Proposition wuar komm. Mee ech wollt dat awer net, well ech wusst, dass mir dat perséinlech neicht brengt, well ech souwisou net gin, wann meng Arbescht net faerdeg ass.

R.: an vun der Famill aus, hu Dier do Ënnerstëtzung kruut beim Wiesel an Pensioun?

B.: Oh dach, vun heiheem aus eeeeh, ass eeh, meng Fra ass zimlech engergesch, an dat ass och gutt sou. An eeh sie huet virun allem an der eischerter Zäit eeh sie huet schon dofir gesuergt, das ech genuch ze din hat, dass ech mech net langweilen (laachen).

R.: (laachen) ok. Waat gutt war awer?

B.: Jo absolut.

R.: Lo en typeschen Alldag an der Pensioun, wie geséit deen bei lech aus.

B.: Also ech stinn zimlech spéit op. Freiher sin ech um 5 opgestaan an haut stinn ech véierel op 7, hallwer 8 op. Eeh bon, ech liesen Zeitung, drenken

main kaffee. Normalerweise eeh hun ech am Dag minimum eng zwou Saachen die ech mer virgeholl hun, wou ech deen Dag well maan. An dat variéiert, eppes hei bannen ze maachen oder dobaussen, oder engem hëllefen gin. Mëttes iessen ech an am Nomëtten gin ech normalerweise mam Hond. Mir gin praktesch all Dag sou 2 Stonnen eeh an dann dono wann ech dann heem kommen, triwwelen ech nach eppes Klenges an kuken meng Mailen, privat. (lachen) 2-3 mol d'Woch hun ech dann Owe Kaarten spillen oder Keelen spillen, oder iegendeng Versammlung.

R.: Awer Dier geingt dann schon soen, dass Dier Ären Dag plangt?

B.: Jo absolut. ech hun natierlech och Deeg dobai, wou ech roueg bleiwen, wou ech den ganzen Dag neicht maachen.

R.: Muss och mol sin (laachen). Och an der Pensioun. Gin et dann Saachen oder Situatioun, die lech seit der Pensioun am Alldag feelen?

B.: (Pause) et sin eigentlech 2 Saachen die mer besi feelen, dat muss ech éierlech soen. An do muss ech och nach eps drun änneren. D'Arbecht do hat ech all Dag Challenge, an zwar all Dag. Deen Deel hun ech haut, ech machen zwar main Plang wat ech well maachen, mee den Moment hun ech nach neicht gesicht, wou rem en richtegen Challenge ass. Mee dat waert awer nach kommen, vlait am Fussball. Vlait dass ech Koordinatioun vun der Jugend iwerhuelen, dat geing mech reizen. Mee awer net fir elo direkt, well do geet vill Zäit drob. An dann ass en aaneren Deel, dee feelt mer wicklech. Ech hun an der Zäit, wou ech eeh geschäft hun, hat ech eeh, een Betreib wou ech mech drems gekëmmert hun (husten), wou mir vill Projeten gemeet hun, an dat wuaren intensiv Diskussiounen emmer an eeh dat feelt mer. Dat muss ech eierlech soen. Dat ass, dat wuar eehm, dat wuar schon eppes waat een och gefuerdert huet.

R.: hu Dier dann Enkelkanner?

B.: Jo eent.

R.: Wunnt dat dann bei lech an der Géigend?

B.: Eeeeh jo et ass net fuerchtbar weit.

R.: Helt dat dann vun Ärem Pensiounsliewen an?

B.: Jo. Dat helt en Deel dofuner an.

R.: Mat Freed?

B.: Op jiddefalls.

R.: Hu Dier dann elo Hobbien, wou Dier virun der Pensioun nach net haat?

B.: eeeh nee. Et ass eigentlech sou, das sech Hobbien hun, die ech virdrun wou ech keng Zäit dofir hat, die ech awer lo kann mei intensiv maache. Ganz banal ass Fussball beispillsweis. Eeeh dann ass et eeh Keelen spillen. Ech spillen imens gär Keelen an och Kaart. An ech eeeh gin och imens gär fë-schen. An dat sin Saachen, die lo awer vill mei intensiv rem gemach gin.

R.: Also se wuaren dann virdruner schon do, an elo mat der Zait kennt Dier et erem opliewen?

B.: Jo richtig.

R.: Schein. Kennt Dier dann och die ëffentlech Angeboter zur Fräizaitgestaltung? Proposéiert vun Gemengen an Clubs beispillsweis.

B.: Ech hun mech eierlech gesoot, nach guernet domader beschäftigt.

R.: Et waer awer elo neicht, wou Dier geing soen, nee do mellen ech mech net.

B.: Dat ass alles méiglech, ech well et net ausschléissen. Ech hu jo virdrun gesoot, d'Aarbecht wuar een Deel, an dat ass ofgeschloss. Dat wat elo ass, ass die Zäit heiheem, wou ech wicklech eeeh ech geneissen dat hei. Ech geneissen et och, an wann et nemmen ass, eng blöd Bänk unzesträichen. An dat ass elo eng Phase, ech wees net wie lang di dauert, mee ech wees awer wat mer waert feelen, ass den Challenge. Et ass gutt meiglech, dass ech an 2 Meint soen, ok eeeh lo well ech dat doen an dat doen maachen. Eppes wat ech beispillsweis emmer wolt maachen, ass Psychologie studéieren. An dat ass eppes wat mech géing reizen. Net elo, et ass nach ze fréi, mee vlait as dat an puer Meint en Thema.

R.: Mengen dat ass definitiv en Challenge.

B.: Jo (laachen), dat ass en Challenge.

R.: (laachen) an eeeh duerch Pensionéierung, si Dier dann do vlait eventuell ageschränkt, dass Dier die Fräizaitgestaltung guernet kennt machen?

B.: Nee ech muss éierlech soen, ech haat eng gutt Paie an och elo eng gutt Pensioun. Ech kann mer lo keen Audi R8 kaafen (lachen)

R.: (lachen) Berufsliewen oder Pensiounsliewen? Wou hu Dier lech mei erfëllt gefillt?

B.: Oooh. Ech hun mech am Berufsliewen erfëllt gefillt. Dat ass ganz kloer. Mat der Pensioun ass schwéier ze verglaichen, ass et schwéier. Mee den Moment fillen ech mech imens erfëllt.

R.: Zieler, die Dier nach an der Pensioun hudd? Ausser Psycho studéieren? (laachen)

B.: Also Psycho reizt mech. (laachen). Ech well natierlech Buud hei nach fä-erdeg renovéieren. An dann reesen. Eeeh et sin puer sou Saachen, wou ech nach net wuar an ech onbedengt hin well. Dest Joer maan ech gaer Canada, an eeeh, meng Fra seet zwar ech hätt se nemei all, mee ech sin um kuken mat Chile an dann kuken. Mee ech well mindestens eemol pro Joer sou eng Vakanz maachen.

R.: Mat der Fra?

B.: Jo si seet zwar et ass weit, mee et lount sech.

R.: Super, dat war et. Merci.

B.: Merci och.

V.6 Interview 6



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=6

Sie sind:	<input type="checkbox"/> männlich	<input checked="" type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:	...63..... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input checked="" type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen:	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input type="checkbox"/> ja	<input checked="" type="checkbox"/> (jein)	<input type="checkbox"/> nein
Ihre berufliche Ausbildung ist:	Assistante technique médicale de labaratoire.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:	Chargée de Cours (Ecole fondamentale).....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:63.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung: Anspruch auf ¾ Rente, für die ganze Rente bis 65 Jahre.....		

R.: War deng Aarbecht, eng Platz wou du gär higaangen bass?

B.: Jo ech sinn gär op meng Aarbechtsplaz gang, well ech frou mat den Kanner war an nach ëmmer sinn. Flott un menger Aarbecht war Begeeschterung vun verschidden Kanner ze gesinn.

Als Chargée de Cours war et flott den den Kanner eppes ze vermëttelen déi wollten eppes léieren. Ech hat fill Verständnis fir Kanner.

R.: Goufen et och Situatiounen dei net esou flott wuaren ?

B.: Net sou flott war, dass verschidden Kanner keen Respekt firun dir haaten an keng Loscht haaten am Cours opzepasst.

R.: Hues du vill Bekannter oder Frënn op der Aarbecht kenne geleiert, die dir och elo am Liewen nach immens wichteg sin?

B.: Vill net mee puer schon, mee vue que dass ech all Joers an enger anerer Schoul war hun ech se net reegelméisseg gesinn.

R.: Gin et dann do eventuell Ausnamen?

B.: Mat deenen verschiddenen Leit déi ech kënnen geléiert hunn, gin mir awer lo reegelméisseg all 2 Wochen zesummen iessen oder mir schreiwen eis iwwert Facebook. Den Kontakt as schonn mat verschiddenen do. wat och schéin ass,

R.: Hues du dech op d'Pensioun gefreet? Wann jo, op waat?

B.: Jo firun allem moies net mussen frei opzestoen, méi Zäit ze hunn an méi roueg ze sinn.

R.: Has du dech dann op Pensioun präpereiert, eventuell Strategien ungewandt?

B.: Ech hunn mech net un aaneren Leit inspiréiert, wëll ech déi lescht Joëren nëmmen hallef geschafft hunn also bëssi mei wéi Hallschent 60% , sou wéi ech et wollt. Ech hunn dat och sou ungefroot well ech awer schon deemols 59 Joër haat an meng Gesondheet net ëmmer sou matgespillt huet.

R.: Goufen et bei deem Iwwergang vum Berufsliewen an Pensioun iergendwellech Hürden, dies du hues missen meeschteren? Stung dir do vlait iergendeppes am Wee?

B.: Unsech ass alles gut verlaf an stoung mir neicht am Wee, ech hunn meng Demande gemach an se gouf och direkt ungeholl.

Et goufen och keng Hürden am Antrëtt vun der Pensioun, well ech meng Aufgaben am Daag ze erfëllen hunn wéi bei Päerd goen an mech em den neien Hond ze këmmen.

R.: Hun dir dann eventuell Ennerstetzungsmeiglechteeten, beim Bewältegen vun deser Situatioun gefeelt?

B.: Nee unsech net. ech sin allgemeng ganz zefridden mad menger Situatioun, meng Kanner kommen oft bei mech iessen, an këmmeren mech em meng Pärd an mein Hond.

R.: Erziel mir mol, wie geseit een typeschen Alldag bei dir aus, zënter deems du an der Pensioun bass? Du kanns dech do och ganz gaeren un engem spezifischen Wochendag inspiréieren.

B.: Teschent 7 an halver 8 stinn ech enkeir kuerz op fir , dass den Hond den Hond an den Gart ze loosen, dann ginn ech mech awer rem zeréck an Bett leen bis zirka 9 Auer. (lachen) Dann nerven Katzen mech fir zlessen ze kréien , dann stinn ech op geet jiddereen gefiddert, dann as Kaffi um Programm , liesen meng Zeitung kucken bessi op Facebook an mein Morgenmagazin um Fernseh. Dann ginn ech duerno mam Hond spadseieren an dann gin ech bessi akafen wat neidesch ass. Um 11 Auer ginn ech dann an den Stall fir Päerd op Wiss ze sätzen. Dann kommen ech Heem kachen ma eppes oder ginn eppes iessen an dann Hausaarbecht um Programm, den Gaart asw. An dann gin ech rem an den Stall enger Fra Päerd ferdech maachen fir dass die kann reiden an rem mam Hond spadseieren. An owes ab 18.00 Auer geet et dann Heem, well dann sinn ech och midd.

R.: Gin et Saachen oder Situatiounen, déi dir zënter der Pensionéierung an dengem Liewen oder Alldag feelen?

B.: Unsech feelt ma neischt, well ech am Reitstall nach mat fillen Leit an och Kanner an Kontakt sin. Et feelt mir neicht, well ech och en Rhythmus am Alldag hunn an meng Déieren mech brauchen. Ech hunn mei Zäit fir meng Kanner elo.

R.: Hues du dann Engelkanner?

B.:Leider nach net, ech hoffen dass dat awer Geschwënn kënn (laachen).

R.: Ma dann drecken ech Daumen, dass dat geschwënn klappt. Hues du dann lo Hobbien, dies du virun der Pensioun nach net haas?

B.: Nei Hobbien net mee ech hunn mei Zäit fir de Alldag ze bewältegen wéi Zum Beispill kachen asw. ankaafen kann ech goen wann ech wëll, wat fir-drun net sou den Fall war. Ech wuar do imens zäitlech angeschränkt, an hat dun och net sou oft Méiglecheet mir frech ze kachen, wat mir eigentlech relativ wichteg ass.

R.: Gräifs du dann ob öffentlech Angeboter zrek? Wie beispillsweis vun de Gemengen oder Clubs fir Fräizaitgestaltung wieder auszubauen?

B.: De Moment nach net , mee fleit an Zukunft jo, ech wollt fleit turnen goen. Ech sinn frou wann ech meng Rou hunn ech muss net andauernd Leit rondereën mech hunn.

R.: Daat heescht fir den Moment ass dat nach keng Optioun?

B.: Nee nach net. Ech well elo mol kennen Zäit fir mech hun. Ausgeschloss an der Zukunft ass et net, mee net elo.

R.: gin et dann seit der Pensioun eventuelle finanziell Aschränkungen, fir net kennen deng Fräizaitgestaltung ze garantéieren, sou weis du et eigentlech weils?

B.: Ech erliewen keng finanziell Aschränkung. Mein Akommes as selwecht bliwen well ech zum Schluss beim Staat geschafft hunn. Firun allem erliewen ech keng Aschränkung well ech fun mengem Ex Mann nach bessii Ënnerhalt kréien fir Päerd ze finanzéieren.

R.: Berufsliewen oder Pensiounsliewen? Wou hues du dech mei erfëllt gefillt?

B.:Ech kann dat lo nach net esou soen well ech reicht 6 Meint an dar Pensioun sinn, mee ech hun déi 2 Saachen gären. Mee ech denken et war lo awer un dar Zäit fir an Pensioun ze goën well hunn lo 63 Joër an hat och nemi sou fill Kraaft an Loscht fir Aarbecht. Alles ass gudd wie et ass.

R.: Gin et fir d'Zukunft nach Zieler, deis du wells errechen?

B.:Jo Boma ze ginn. (laachen) Wann ech rem kann bëssi reiden goen, wann Gesondheet mir et erlaabt, an nëmmi emmer mussen eleng sinn en neien Partner wier och schéin mee ech ginn och gudd alleng eenz. Et as herrlech alles kënnen ze maachen wat ech wëll wat freier net sou den Fall war z.B fun doheem aus oder wou ech nach mad mengem Mann bestuet war. Ech géissen die Zäit elo mad mengen Déieren an och einfach mech mol just op mech ze konzentréieren.

R.: Daat wënschen ech dir. Villmools Merci fir deng Zäit.

V.7 Interview 7



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=7

Sie sind:	<input checked="" type="checkbox"/> männlich	<input type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:63... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:	.. 3ème Lycée.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:managment ressources humaines.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:57.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:berechtigt (40 Jahre arbeitstätig).....		

R.: War Är Aarbecht eng Platz wou Dier gären higaangen sidd?

B.: Jo, ech sin gären gaangen, well et einfach eng flott Méiglechkeet war och kreativ en besu ze schaffen. Ech haat amfong meng Fräiheeten, an der Hierarchie wuar ech relativ weit uewen, an do wuar keen mei, deen mir do onbedengt drageschwat huet an ech hun vun der Direktioun Ënnerstützung kruut an puer Projeten. Wie gesoot, ech hat eigentlech keen Grund fir sou seier an Pensioun ze goen, wat dat och weisst, dass ech dono nach 2 Joer als Freelancer hannendrun gehaangen hun. Mee ech wolt awer dun mei Zait fir mech hun.

R.: Hu Dier dann vill Bekannter oder Frënn ob der Aarbecht kenne geleiert, die lech och elo nach an der Pensioun begleeden oder iech wichteg sin?

B.: eeeh off jo. Et mecht een amfong dei Bekanntschaft die een eben mecht. Mengen daat eent sin Aarbechskollegen dat aanert sin Frënn. An dat aanert ass och, wann een eng Zait fort ass, dann gett den Kontakt och einfach besu manner. Mee et ass awer nach emmer reegelméisseg, dat ech nach deen een oder deen aneren um Telefon hun, respektiv dass mer nach engkeier iessen gin oder esou, mee dat ass eeeh et muss een sech domader offannen, dass et mat der Zäit awer vlaicht Kontakter en besu méi rare gin.

R.: Also geing Dier soen, dass seitdeem Dier nemei op der Aarbecht sidd, ass deen Kontakt zu den Aarbechskollegen och manner gin?

B.: also et huet een zu den direkten Aarbechskollegen, wou een die direkten Bindung haat, bon jo eeeeeh wuars se riwer mee hannendrun sin nach en puer, die en besu eng Frëndschaft, wou eng Frëndschaft wuar, dei sin awer nach. Mee dat sin der eng halew Dosen bis 10 Leit, die een awer nach mei oft Kontakt huet.

R.: also den Frëndeskrees besteet net aus Arbeschtsfrënn?

B.: Neenee. Also net nemmen aus deenen, well do sin der nach vill mei ronderëm.

R.: ok. Hu Dier lech dann op Pensioun gefreet? Wann jo op waat?

B.: (lachen) ehm. (Pause) Bon jo ech hun, ech hun dei Richtung angeschloen, fir eben d'Preretraite ze kreien an ech hun, ech wuar elo net, wie ech vun aaneren Leit heieren hun, die den Compteur um Handy laafen hun, fir ze kuken, wiewill Stonnen dass se nach ze maachen hun. Ehm mee wou den Moment mein o komm ass, ehm, jo, ech hun mech wieklech gefreet fir eeeh well ech jo och nach aaner Beschäftegungen haat, wou ech wouust, dass ech mei Zäit geif fir die kreien. Dofir wuar et amfong en flotten lwwergang.

R.: dat heescht fir haat gewessen Zieler?

B.: jojo. Ech hun dono nach ganz vill aaner Aktivitéiten gehaht, well ech deen, dat wuar och eng Méiglechkeet fir frai vun der Aarbecht ze sin an awer nach dat wellen ze maachen. Fir mei kennen, jo. Fir eh die Hobbien an sou ze pflegen.

R.: Hu Dier lech dann perséinlech op d'Pensioun preparéiert? Gouf et ier-gendwellech Strategien oder sec hun aaneren inspiréiert oder mat den Ston-nen eroof gaangen?

B.: Nee absolut net. Ech hun einfach bis den leschten Dag eeh geschafft. Owe ass et een Patt gin an puer Schnittercher, an dunn hun ech main Ti-rang geraumt an main Büro geraumt an dun wuar et dat. Ech hun virdruner nie, also ech sin amfong vun engem Dag op deen aaneren an Pensioun age-trueden ouni mir vill Gedanken ze maachen an dass dono och flott wieder gaangen. Ech mengen et ass alles super iwert Bühn gaangen, zumols den Iwwergang. Ech wees, ech heieren et suguer bei Kollegen, dass die et net sou einfach haaten mee bei mir wuar et nee einfach.

R.: also ging Dier soen, et goufen bei lech keng Hürden beim Iwwergang?

B.: Nee nee nee. Ech hun et also genoss die eischt Wochen heiheem wick-lech frai ze sin an dun lues an lues sin ech an die Saachen erageklommen, die ech dann eben op der Rechnung nach hat fir main Liewen ze maachen.

R.: dat heescht Ennerstetzungsmeiglechkeeten vun baussen hun lech guer-net gefeelt?

B.: Neenee absolut net. Do wuaren effektiv Leit, die sech heiansdo gewon-nert hun, dass ech et sou easy hikrut hun, well do, ech wees jo och, das seis Fraen mateneen schwetzen, wou dei eng oder dei aaner zielen: „Off ech wees net wat ech mat em Doheem soll unfänken“ (lachen) mee hei wuar dat awer net den Fall. Also meng Fra huet seng Beschäftegung nach, an mir sin einfach esou wieder gefuer wie et virdrunner wuar, eben just dass ech en besi mei oft heiheem wuar.

R.: Also doheem hun sech Rollen dann och net wieder verännert?

B.: ah dach. Ech gin, also ech sin bis virun enger hallwer Stonn hei nach mam Staubsauger hei gefuer (laachen)

R.: (laachen) wat virdrunner also net sou wuar?

B.: (laachen) nee net oft (laachen)

R.: also wuar et eventuell awer eng kleng Entlaaschtung fir Är Fra?

B.: jo ech denken schonn. Ech mengen et gin do lo eng oder dei aaner Saa-chen die ech einfach iwuerhuelen mee eeh fir do an eng richtig grouss Roll

eran ze klammen, nee ech mengen dat huet sech sou erginn iwert die lescht Joren.

R.: wie geseit dann elo en typeschen Alldag bei lech aus, zënter deems Dier an der Pensioun sidd?

B.: also Moies opstoen, gemittlech also sou 8 hallwer 9, an dann mat menger Frau zesummen Kaffie drénken, kuken wat um Programm steet, jiddereen engkeier sain Kalenner kuken ween waat mecht, an dann ob mer eppes zesummen ënnerhuelen oder ob meng Fra iegendwou ennerwee ass oder ob ech nach iergendeen Termin hun. Jo an dann helt eben jidereen sain Termin wouer, wann et sou ass, an wann net dann plangen mer eppes zesummen, fir iegendwou hinfueren oder sou. Mee dat gett awer alles ganz eh also net elo krispeiert gesinn, also wann mer dann engkeier en Dag heiheim sin, dann ass et een Dag heiheim. Mee dass elo net, dass wicklech do een Programm muss oofgeweckelt gin an muss gemaach gin. Mee wei gesoot, mir hun allen zwee nach niewelaanscht Saachen wou mir maachen an do huet jidereen en besi seng Beschäftegung, well soss wicklech, ass et heiansdo wichteg, dass mir den Kalenner kuken, net dass een deem aneren seng Terminer fummelen geet (laachen).

R.: dat heescht et feelt lech awer elo keen Ziel an Ärem Alldag?

B.: Nee, nee, nee. Off ech kann off off ech kann wierklech net soen, dass ech mengen ech misst nach hei oder do maachen, ech wees dass et kennt an ech hun Zäit dofir. Ech sin einfach Zen.

R.: heesch dat fir lech, dass et keng Saachen oder Situatiounen gin, die iech zënter der Pensionéierung am Alldag feelen?

B.: jo et gin halt keng Feierdeeg mei, keen Krankeschäin, et gett halt neicht mei sou an daer Form. Nee mee nee, ech eeh also wie gesoot, ech hat och virdruner lo dei lescht Joren wou ech geschafft hun, eehm, dat wuaren 8 Joer wou ech mech och en besi konnt riichtegen selwer. Dat heescht ech wuar relativ onafhängeg an dat huet och gemeet, dass ech elo bëssi an deem Stil wieder gefuer sin. Ech hun d'Arbeschten einfach esou geholl wie se koumen, an ech hun mech probeiert net stressen ze loosen, an eeh, mee et wuaren och an der Pensioun heiansdo mei stresseg Momenter, wou ech gesoot hun eeh mat deenen Hobbien do an mat deenen Niewebesäftegungen, dat fänkt awer lo sou lues un en besi zevill ze gin, well jo ech sin an Pensioun gaangen fier iergendwéi awer en besi ofzeschalten awer net fir nach mei ze maachen.

R.: Ok. Dann elo eng ganz aner Fro. Hu Dier Enkelkanner?

B.: Nee (laachen)

R.: Dier wënscht lech der?

B.: Ehm pfff. Jo wie soll ech do soen? Ech wees vun mengen 2 Kanner, hier Astellung dazou, do geing ech éischer gleewen, dass mer keng kreien mee eh dat fuchst mech awer elo net. Dat as hieren Choix, ech muss dat akzeptieren an ech muss net onbedengt, nee. Meng Fra souert vlait heinsdo besi mei wie ech, mee ech nee also nee mir feelt et net. Ech hun vill Bekannter ronderëm, vu mengen Kanner hirem Bekanntekrees, die lo mëttlerweil an deem Alter sin, wou se Kanner kreien, die dann och heihiner kommen, an dat ass flott mee jo. (laachen) wann et net ass dann ass et net.

R.: Hu Dier dann elo Hobbien, die Dier virun der Pensioun nach net haat?

B.: eeeeeh ech hun eigentlech Hobbien erem ugefaangen. Die ech en besi op d'Seit geluecht haat well ech die neideg Zäit net dofir haat. Dach et sin awer die eng oder die aaner Saachen, die ech eben rem ungefaangen hun ze maachen. Ech haat wie gesoot bis virun, also bis dest Joer, hat ech vill Beschäftigung iwert den Basket. Sou dass ech elo soen, lo kennt Zäit erem fir die Hobbien die schon 20 Joer laang am Schaaf louchen. Esou wie Autosmodeller bauen. Well dat ass een gudden Ausgläich fir dann roueg do ze setzen, fir den Geeschte ze trainieren, fir Gebrauchsuweisungen an Montagedenger ze interpretieren, fir d'Fanger beweeglech ze maachen (lachen). Ech soen, et ass einfach een flotten Dingen an ech geing jidderengem et recommandieren, well et muss een Nerven dofir hun.

R.: an ausser elo vum Autosmodeller bauen, hu Dier do nach eppes?

B.: Do hun ech nach, also do gin ech nach en besi Fotoen maachen, eben en besi raus an d'Natur. Dat sin eben och nach Saachen, die ech gaeren maachen. An dann och nach mat Kollegen ob Autoscourssen goen, dat gett och elo an Zukunft nach méi oft gemaach. Dat sin alles Saachen, die kommen elo sou lues nees zeréck. Dat huet een eben virdruner gär gemaach, an elo ass Zäit nees do dofir.

R.: Gräif Dier dann op öffentlech Angeboter zrek, fir Är Fräizaitgestaltung ze ennerstetzen an weider auszebauen? Wie vun den Gemengen oder verschidde Clubs.

B.: Daat ass eppes wat mir eigentlech nach net gemacht hun. Ech mengen mir hun schon d'Angeboter, die an engem gewëssen Alter an d'Haus kommen, wie Club Seniors an die Saachen. Sie hun och interessant Sachen muss ech ganz eierlech soen mee et wuar elo nach net den Besoin do fir sech do unzehänken well et einfach nach Aktivitéiten ronderëm genuch goufen fier lo onbedengt do anzekrämpen an ze soen lo maachen mer dat doen, well mer soss keng aaner Geleeënheet hun. Mir gin och vill an d'Vacanzen an Kuerztrippen oder sou well mir selwer organisieren an net vun aaneren dat müssen organisiert kreien. Also bis elo nach net.

R.: Mee Dier wësst awer doriwwer Bescheid, dass et die Angeboter gin?

B.: Jojo, wie gesoot, ech kreien die Angeboter reegelméisseg an d'Haus an iwert sozial Medien. An et geseit een esou, waat lass ass an wat ugebueden gett. An ech muss och soen, ech fannen et super flott waat mëttlerweil gemaach gett. Den Dag kennt och nach, wou mir eis vlait eemol do mellen. Mee elo nach keng Zait dofir.

R.: Ok. an seitdeem Dier an der Pensioun sidd, sin do eventuell finanziell Aschränkungen, die lech Är Hobbien net erlaben, Är Fräizäit esou ze gestalten, ewei Dier et gären weilt?

B.: Jo ech mengen do sin mir nach ob deem Niveau emmer gutt Eens gin an eeh ech haat nach nie d'Empfannen, dass ech doduercher eng Contrainte haat zenter deem ech an der Pensioun sin, an nemei dee selwechten Revenu hun, wie et virdruner wuar. Nee daat leeft.

R.: Super, schéin ze héieren. Berufsliewen oder Pensiounsliewen? Wou hu Dier lech mei erfëllt gefillt?

B.: (laachen) also wann ech elo fein wier, geif ech soen d'Berufsliewen, mee daat sin ech net. Ech kann jo emmer nemmen fir mech schwetzen, mee wann ech aanerer gesinn die onzefridden sinn, ech verstinn et net. Well wann een sech wieklech en besi arrangéiert, dann ass dat eng super Saach die Pensioun. Bon ech mengen et gin en puer Kontakter verluer, et gett en puer Mechanismen wou verluer gin mee eeh et kommen och aanerer erem. Et gett mei einfach an et gett mei roueg. Ech sin schon een deen, also ech kann Owes hei nach eng Stonn setzen, wann meng Fra an d'Bett gaang ass an den Fernseh aus ass, an dann einfach d'Rou genéissen an sou Saachen. Dofir muss bei mir net all Moment Tralala sinn.

R.: daat heescht Berufsliewen wuar schein, mee Pensioun (unterbrochen)

B.: Pensioun ass grad sou schéin.

(béid Laachen)

R.: Dann soen ech Villmools Merci.

B.: Ma Gären. Et waren interessant Froen.

V.8 Interview 8



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=8

Sie sind:	<input checked="" type="checkbox"/> männlich	<input type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:56... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:mécaniciens ajusteur.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:Berufsfeuerwehr.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:55.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:wohl verdient.....		

R.: War deng Aarbecht eng Platz, wou du gären higaangen bass?

B.: Jo, ganz gär

R.: an wisou? Wat huet dir gefall dorunner?

B.: Alles. Eeeh ech war bei den Beruffspompjee, an dat ass een Job, deen einfach genial ass, well allkéiers wann een schafft, egal wie dramatesch et ass, et hëlleft een. Dat ass wierklech en immens flotten Job.

R.: Géings du dann soen, all Dag wär do aneschters? Oder ass do eng gewëssen Routine an deem Alldag?

B.: Eeeh dass eng eng Routine, woubäi, Routine all Dag anescht ass. Et weess een, wann een eeeh wann een op d'Aarbecht kennt, dass een verschidden Saachen muss maachen an awer dazweschend kommen ëmmer erëm Asätz. An do weess een net wat kennt. Sou an den Ansaatz kann kuerz oder laang daueren, an wann den Ansaatz eriwwer ass, dann kennt een erëm zu senger Aarbecht zréck. Awer et ass ëmmer aneschters.

R.: Wat ass dann esou d'Aufgabeverdeelung esou gewiescht?

B.: Eeeh Stater Beruffspompjee déi maachen alles. Also Ambulanz, Rettungsdéngscht an eeeh Feuerwehrdéngscht. Ehm dat geet un vun Liftpannen, vun eeh Ueleg op der Strooss eweg maachen, eeeh Leit aus de mLift huelen, Autosaccidenter, Autoen opschneiden, eeeh eeeh wann een um Rettungsdéngscht angedeeelt ass, mam Dokter erausfueren, Samudéngscht, medikaliseiert Ambulanz eeh eeeh d'Ambulanzen kontrolléieren, botzen, desinfizéieren, Medikamenter opfëllen an an an. Et ass een een een risegroussen eeeh Spart eehm wat een alles muss wëssen an wat een alles muss maachen. Dofir denken ech, ass et och sou interessant. Et ass net dass een Moies dohinner geet an seet een, ech weess wat ech lo 8 Stonnen maachen.

R.: Also war et villfältig?

B.: Jo, wierklech.

R.: hues du dann vill Bekannter oder Frënn op der Aarbecht kenne geieert, déi dech och elo säit der Pensioun nach an dengem Liewen begleeden?

B.: Jo, mir hunn eeeh Aarbechtskollegen mat deenen ech eeh ganz gutt sinn. Wou mer eis och heiandsdo treffen, wou mer mol zesummen iessen ginn eeeh. Och eeh deelweis Famillen, wou mer eis zesummen treffen. Eeeh wat Aarbechtskollegen waren an elo Frënn sinn.

R.: Géifs du dann soen däin Frëndeskrees besteet méi aus Leit vun der Aarbecht?

B.: Nee also et sinn méi eeeeeh friemer wie elo Aarbechtskollegen. Aarbechtskollegen wäerten eng 5 sinn. Sou wou du sees, wou du méi Kontakt hues eeeh woubäi muss een soen Aarbechtskollegen, mir waren dono zu 180, dat ass keen sou een groussen Betrib.

R.: an duerch Pensioun ass den Kontakt do net manner ginn mat deenen?

B.: eeeeeh dach. Den Kontakt war virdrunner méi, well et huet een sech ëfters gesinn op der Aarbecht. Eeeh den Kontakt ass elo manner an et muss een méi um Kontakt schaffen, dat heescht et muss een mol heiansdo den Telefon huelen an uruffen. Muss een elo en Datum sichen fir sech ze treffen an sech ze gesinn. Muss een méi drun schaffen, anerwäerts huet een sech op der Aarbecht gesinn an eeeh konnt een do méi kommunizéieren.

R.: Hues du dech dann op deng Pensioun gefreet?

B.: Jo ech hunn mech op meng Pensioun gefreet. Ob wat? Eeeh hmmm (Pause). Ob neicht maachen. (laachen)

R.: (lachen) Op deng Rou?

B.: Nee eeeehm. (Pause) ech hunn mech drop gefreet, fir netmei eppes musen ze maachen. Eeehm ech hat mat Kollegen Rieds, mir hunn gesot, ok du muss moies opstoen, du muss eppes maachen, awer du mëss dat wat dir Spaass mécht. An et ass net dass du dat muss maachen, wat du ugestallt géss, well een dech dat ustellt. An dat as dat wou ech mech amfong geholl am meeschten freeën. Ech hunn genuch Hobbien ansou, eeehm, datt ech soen, ech kann Moies opstoen, ech kann mat mengen Hënn spadséieren goen, an dono kann ech dat maachen dat an dat, wat ech well. An net ech muss opstoen, ech muss dohinner goen, ech muss muer deem doten muer uruffen, ech muss deem muer schreiwen. Sou dat ass dat wou ech mech amfong geholl am meeschten dorobber gefreet hunn, fir netmei dat musen ze maachen.

R.: dat heescht selwer kennen ze decidéieren, weinies du wat wëlls maachen?

B.: Genau, jo. An kuerzen Wieder ausgedréckt (laachen).

R.: Gutt (laachen) Hues du dech dann perséinlech op deng Pensioun präpéiert?

B.: Jo.

R.: Iergendwellech Strategien? Hues du dech un engem inspiréiert ? oder mat den Stonnen virdrunner erof gaangen?

B.: Neee neee neee. dat huet effektiv en Aarbechtskollege vun mir gemaach, an deen soot dat wier imens gutt. En huet 1 Joer virdrunner just halew Deeg

geschafft, eehm, deen war bei mir um Büro. An ech hunn dat och gesinn, an ech hu gesot, ech géing dat net wëllen maachen, ech géif gären iergendwann soen, do ass Schluss an dann ass och Schluss. Net nach 1 Joer su hawledeeg kommen oder sou. Ehm inspiréiert hunn ech mech un kengem, awer wat ech ganz gutt fannen, eeh, mäin Patron deen hat, dat Joer wou ech an Pensioun gaangen sinn fir d'éischt gemaach, do eeh Konferenzen. Sou Konferenzen organiséiert, eeh, wou Leit ewéi Psychologen, Leit vun der Pensiounskeess, Leit vun der Krankenkees, Leit vum Benevolat, eeh Leit wou an Pensioun lo 1 Joer waren, die dohinner komm sin an erklärt hun, wat lo ob een duerkënnst wann een aus dem aktiven Aarbechtswegen an Pensioun kennt. Datt do Ännerungen kommen eeh datt daat awer net dramatesch ass, an die hun erklärt wie dat geet, die hun erklärt wie eng Pensioun ausgerechent gett, datt een manner verdéngt, die hun erklärt datt een elo keen Alen ass, mee dass et souvill Méiglechkeeten kann gin, wou een sech kann engagéieren. An dat hun ech imens gutt font, an ech war och an die 4 Nomëtteger an Konferenzen. Ech woust datt ech mat der Pensioun keen Problem ging kréien, well ech Hobbien huet, eeh wou ech mech drob freeën, mee et waren awer Saachen an deenen Konferenzen, wou ech geduecht hun, ahjo kuk, do haste net drun geduecht ne. Wou ech awer soen, wat ganz intressant ass. Ech kann mer virstellen, dass vill Leit schlëmmer druner sin ewéi ech, an dass sou Konferenzen extrem, geif ech soen, wichteg fannen oder vill bréngt.

R.: Hmhm ok. Dat heescht du géings och elo net soen, dass däin Patron dech net ënnerstëtzt huet?

B.: neeneeeneeee am Contraire. Den Patron huet duerch die Konferenzen do, eeh den Staat huet dat schon mei laang, an eeh sie hun dat elo fir d'éischt gemaach, an eeh sie hun do och een ganzen gudden Eco do kritt vun deenen Leit. Dat sin déi Leit die elo an den nächsten puer JOer an Pensiouns gin, fir ze soen, hei Informatiounen raus un Leit gin, huet den Patron sech ganz ganz gutt agesat.

R.: Mega. Dat ass dei 1 Kéier wou ech dat héieren.

B.: Asou?

R.: Jo, fannen dat doen wierklech flott.

B.: Also ech wuar och ganz angenehm iwwerrascht. An die Konferenzen waren och ganz flott. Do waren Pausen, do gouf et Kaffie und Kuchen an do konnt een diskutéieren mat deenen Leit. An wie gesoot, do waren Leit do, die lescht Joer oder Joer virdruner an Pensioun gaangen sin, die hun hier Erfahrung matgedeelt, wie sie dat perséinlech erliewt hun. Ech hun et wierklech flott fonnt.

R.: Daat heescht du géings och lo behaupten, dass du keng Hürden beim Iwwergang has?

B.: neeneeee. Wierklech am Contraire. Ech wuar relativ eehh fixéiert, ech hun och gesoot, daat as mäin Datum, do ginn ech an Pensioun. Konferenzen wuaren schein an dat wuar eehh wei wann dat daat normalst vun der Welt wier. Ech hun mech amfong geholl nie doheem gelangweilt oder nie gefroot, wat mess du lo hei. Ech muss soen, et ass ganz ganz gutt iwwert Bühn gaangen.

R.: an soss hues du keng Ënnerstätzungen gebraucht? Oder hunn dir der do vlait gefeelt?

B.: Eehh ech denken, ech hun keng gebraucht. Et huet mir och neicht gefeelt. Eeeehh. Vun Ënnerstätzung, wouuuuu, (Pause) Nee feelt mer neicht. Ech fannen et ass optimal gelaaf.

R.: Wie gesäit dann elo en typeschen Alldag bei dir aus an der Pensioun?

B.: Ech stinn moies op, drénken ech Kaffie an dann gin ech op Toilette (laachen). Awer alles relativ gemittlech. Eeeehh. Dann gin mer mat eisen Muppen. Well die kommen eis moies emmer géint 8 Auer wakreg maachen. Véierel Stonn, halew Stonn, Stonn. An dann eeehm jo kommen mer heem, an dann eeeehh. Schreiwen ech en besu Musek op mengem Computer oder ech üben op mengem Instrument Musek oder mir gin akafen oder eehh jo. An dann eehh gett Mëttesiessen präpereiert. An dann nom lessen sin mer baal secher datt mer dann mat den Muppen ënnerwee sin an dann am spéiden Nomëtten, wann mer hei sin, dann gett en besu gerascht oder op der Terrasse oder besu gekniewelt oder besu gebastelt. An joo. Owe entweder kuken mer Fernseh oder mir iergendwou hin. Vue que datt ech an 1 oder 2 Veräiner sin, dann gin ech 1, 2 oder 3 mol an der Woch owes meng Museksprouf. Eehh dono bei den Wiert een drénken an eehh jo. Dass heinsod dass een seet, eeehm, heescht ëmmer Pensionären hun keng Zäit. Dat ass richtig. Et steet een net um 6 Auer op. Et leeft alles mei gemittlech, et ass net esou gestresst. D zéit geet relativ séier fort, well een och net sou op d'Auer kukt jo. Nee sou ass am Prinzip mäin Dag.

R.: Géings du dann soen, du liefs an den Dag eran? An du kucks méi spontan? Oder hues du léiwer eng Struktur?

B.: Ech wees, datt ech soen eehh muer fueren ech eehh dohiner dat an dat sichen. Oder ah muer de Moien gin ech dat nach akafen an dann maachen ech de Recht Plättercher. Oder muer sträichen ech die Mauer un. Also et ass net, dass ech moies opstinn an an d'Luucht kuken, an soen bon haut ass keen gutt Wieder, haut leen ech mech bei de Fernseh. Nee ech denken schonn, dass ech den Dag virdrunner oder och mat menger Frau plangen. Also dass net einfach an den Dag eran, et ass scho geplangt.

R.: Ok. Ginn et dann Saachen oder Situatiounen, die dir an dengem Alldag oder am Liewen feelen?

B.: Nee, also ech weist net waat mer géif feelen. Ehm. (Pause) Nee, et ss neicht wat mer feelt, wou ech geif soen, dass awer schued, dass een nemei schafft.

R.: Eeéh hues du Enkelkanner ?

B : Jo, een.

R : Wunnt dat dann bei dir an der Géigend?

B.: Eh jo. Jo jo jo. Also et as esou, mir sinn Patchworkfamily. Mir hun 5 Kanner, an deen Ältsten huet natierlech lo, deen ass Papp gin. An eeéh die wunnen och relativ no bäi. Eeéh dass awer elo sou, et ass nach bëssi frësch, dass nach net fir mat der Kutsch spadséieren ze goen.

R.: mengste et geing awer an Zukunft kommen, dass dat en groussen Deel vun dengem Alldag dono ausmëscht?

B.: Nee. Nee.

R.: Well du dat och net wëlls?

B.: Nee. Also et ass elo sou, eeéh, sie maachen hiert Liewen, mir maachen eist Liewen. Mir sin no bai. Et wäert sécher sin, eeéh, also sécher ass, et ass net 1 Dag an der Woch wou se bei der Bomi sin an beim Bop. Well bei deenen 5, sie sin relativ weit verspreeet, mir kennen eis net opdeelen, dann fueren mer dohinner an dohinner. An dat wellen mer och net. Wat awer secher waert sin, wann sie soen, hei mir wellen mol engkeier en Weekend fort, eeéh Kand kent bei iech schloofen, dofir soen ech, dat kennt iergendwann. An dat ass sécher an der Reih. Oder dass mer et mat an Vakanz huelen. Awer sou reegelméisseg eeéh éischtens wëllen mer dat net, an zweetens wär et dono och techesch net méiglech.

R.: Hues du dann elo Hobbien, déi du virun denger Pensioun nach net has ?

B.: (Pause) Nee. Also ech weist net. Museksveräiner hat ech och schonn vir-drun.

R.: Ass däin Hobbie dann vlait och elo deng Muppen en bëssi gin?

B.: Daat ass richtig. Ech profitéieren elo mei vun mengen Muppen. Elo wous du et sees. Eeéh virdrunner ass haaptsächlech meng Fra mat den Muppen spadséieren gaang, well ech zum Schluss Bürosstonnen schaffen gaang sin. Virdrun hun ech Schichten geschäft, dann sin mer zesummen an den Bësch gaang. Ausser wann ech Dagesschicht hat. An wou ech Bürosstonnen geschäft hun, sin ech Samschdes an Sonndes gaang, awer Woch iwwer ass

hat mat den Muppen gaang, well ech dann net do wuar. An haut eeeh an der Pensioun ass et richtig, do kann ech lo mei mat den Muppen spadséieren goen, wie dat zum Schluss op der Aarbecht wuar.

R.: dat heescht, et ass eigentlech en Hobbie wat erëm zrécck komm ass?

B.: Jo. Jo jo, dat ass richtig.

R.: Gräifs du op öffentlechen Angeboter zrécck fir deng Fräizaitgestaltung?

B.: Nee. Also ech kennen se. meng Elteren maachen bei sou Saachen mat. Mee nee maachen ech secher net. Ech gin eeeh, ech sin keen, Sportsmann. Ech gin net laafen. Ech geif gären ufänken schwammen ze goen, 1 mol an der Woch, wat ech virdruner net gemeet hun, well ech mir keng Zait geholl hun, fir et ze maachen. Ech geif och gaeren mam Velo fueren, well mir hun hei Vëlospisten. Fir ze soen, dat ass natierlech mat den Muppen, die kanns du net mathuelen well die fänken un aal ze gin, well die kennen nemei sou seier rennen. Dat ass eppes wat ech gaer geif maachen. Awer ech waert secher net, ob dengens goen, hei do ass een Kachkuer, oder do ass een Streck an een Häckelkuer, dann geeste dohiner. Eeeeh ech fueren an den Süden vun Frankräich, ech gin tauchen. Dat ass eppes, waat ech soen, wat ech maachen. Awer net das sech iergendwou hin gin, fir ze soen, eeeehm mech animéieren ze loossen, dat maan ech net.

R.: Ok ech verstinn. An duerch Pensioun hues du do iergendwellech finanziell Aschränkungen, déi Fräizaitgestaltung kéint verhënnern?

B.: Also ech muss soen, mir hunn ehm, eisen Patron huet eis eng ganz gutt Pensioun zur Verfügung gestalt an eehm, an mir hunn virdruner mat enger Paie geliefert an mir liewen lo mat enger Pensioun die bëssi manner ass. Awer kenne mer am Prinzip selwecht behuelen wie während dem aktiven Aarbechtswien.

R.: Berufswien oder Pensiounswien, wou hues du dech mei erfëllt gefillt?

B.: (Pause) Jo dat as besi jonk nach. Also main Berufswien huet mech erfëllt, et huet mer Spass gemaach Moies schaffen ze goen. Eeehm. Dass een harden Job awer och en imens schéinen Job. An ech sin oft Owes heem komm, sou besi genervt, awer ech sin awer och, oder bal emmer owes heem j'komm, oh mir haten haut top Asätz oder super geschäft. Also dat huet mech schon erfëllt. Eeeh main Pensiounswien. Eeeeh. Mir hun elo een Haus, wat mir an Reih gemeet hun. Do hun mir och nach ganz vill draner geschäft. Ech hun elo nach net vill Zait gehaat fir ze soen, eeeeh, also bis elo ass main Pensiounswien erfëllt. Wann ech lo iegendwann vlaicht an engem Joer oder an 2 Joer deen Interview hei maachen, dann soen ech zenter dass Haus fäerdeg ass, setzen ech hei an Luucht ze kuken. Dat ass eeeh, also ech denken net dass dat kent. Eeeh. Secher ass d'Aarbechtswien mei erfëllend

wie Pensiounsliewen, well een einfach mei gefuerdert gett. Awer ech mengen dat wier mei erfellend, ob schon Pensiounsliewen ass an deem Sënn erfellend, wels du alles wats du mes, jo Saachen mes, watste gär mes ne.

R.: Nach iergendeen Ziel an denger Pensioun?

B.: Skaper Flow tauchen goen. Dat ass eeh, uewen eng Inselgrupp iwwert Schottland an do leit Deutsche Kriegsmarine. An die 70 Schëffer hun se do versenkt am eischten Weltkrieg an deem kann een betauchen. An dat ass onméiglech kaal onméiglech Stréimungen. Also et ass ganz raut Tauchen. Ech denken och, dass ech elo am Alter sin, dass dat wahrscheinlech an desem Liewen neicht mei gett ne. Awer dat ass trotzdeem mäin Ziel.

R.: Schéinen Dram. Dat war et schonn. Villmools Merci.

B.: Merci dir.

V.9 Interview 9



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=9

Sie sind:	<input type="checkbox"/> männlich	<input checked="" type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:55... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input checked="" type="checkbox"/> auf dem Land	<input type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:Coiffeuse/ aide-socio éducative.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:aide-éducative.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:55.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:pré-retraite; Rente vom Ehemann.....		

R.: War deng Aarbecht eng Platz, wou du gären higaangen bass?

B.: Jo. Ech sinn immens gären dohinner gaangen. 1tens mol well ech Kanner gären hunn, gär mat den Kanner geschafft hunn an well immens Kollegen do waren, egal ob wat fir enger Platz ech war. Ech sinn wierklech gären gaangen.

R.: dat heescht du géings soen, dass du gären sozialen Kontakt has?

B.: Jo. Et kennt vlait och doduercher, well meng Elteren sinn an engem Restaurant grouss ginn. Ech sinn ëmmer mat Leit zesummen gewiescht. Ëmmer mat Leit geschwat, geschafft, ëmgaangen.

R.: Hues du dann vill Bekannter oder Frënn ob denger Aarbecht kennegeléiert, di dech och elo nach an denger Pensioun begleeden?

B.: Jo. Ech hunn eeeh nach eeeh egal ob wat fir enger Platz ech war, ech gesinn der ëmmer nach. Ech hunn nach ëmmer Kontakt. Dann schreift een sech mol sou oder um Telefon oder et begéint een sech mol.

R.: mécht däin Frëndeskrees sech dann méi aus duerch Aarbechtskollegen oder Privatleit?

B.: Nee privat awer, jo.

R.: ok. An hues du dech op deng Pensioun gefreet?

B.: jo eigentlech hunn ech Pensioun jo nach net esou richtig, awer vue que datt mäin Mann se jo huet, hunn mer decidéiert dass sech dann och ophalen, an dass mir dann Zäit mateneen verbréngen. An ech hunn mech wierklech dorobber gefreet. Ech hat bëssi, den éischten Moment geduecht, uuuh soll dat doen riicht ausgoen, wann s du den ganzen Dag an esou vill beieneen bass. Awer (pff). Et leeft einwandfrei.

R.: dat heescht Ziel vun denger Pensioun war, einfach nach d'Zäit mat demgem Mann ze genéissen?

B.: Genau, datt mer vill Zäit verbréngen kennen mateneen. Datt mer eis Zäit zesummen kenne genéissen.

R.: has du dann do vlait och Ängschte do dobäi?

B.: Jo schonn. Ech hunn geduecht, weeste du hocks awer ganzen Dag opeeneen. Hien huet zwar dann mol seng Musek wou hien owes emol fort ass. An och am Dag iwwe, mir sinn alt mol hei den ganzen Dag an dann begéinen mir eis 3 Stonnen net.

R.: Dat heescht huet Doheem dann jiddereen seng Aufgaben? Sinn déi wierklech verdeelt? Oder mécht do jiddereen en bëssi?

B.: Do mécht jiddereen en bëssi. Also haauptsächlech ass et lo vum Haus hier elo, dat man ech. Mee en hëlleft awer vill an eeeh.an wat dann administrativ dovun, dat ass méi seng Aufgab dann. Awer och zesummen. Mir maachen och vill zesummen.

R.: hmhm. Hues du dech dann perséinlech op deng Pensioun preparéiert ?

B.: Eigentlech net.

R.: well et war méi eng spontan (unterbrochen)

B.: et war méi eng spontan, mee mir waren virrunner och schon vill, doduercher dass hien Schichten geschafft huet am Ufank, war hien vill doheem an well ech eeh Halewdeeg just geschafft hunn. An do waren mer och schonn méi zesummen mol. An do war et dann och net sou en krassen Schrëtt elo. Mee sou richtig amfong preparéiert net.

R.: Géings du dann soen, dass dat hallef Schaffen dir gehollef huet, dono ganz opzehalen? Wëlls du jo schonn vill Fräizäit doduerch has, ans du dann net souvill Problemer has deng Fräizäit dono nach wieder ze gestalten?

B.: Jo ech géif schonn soen, dass dat ganz hellefraich war dobäi.

R.: Gouf et dann bei deem Iwwergang beim Berufsliewen an Pensioun iergendwellech Hürden, dees du hues missen bewältegen? Well et jo bei dir och sou abrupt war?!

B.: Am Prinzip net.

R.: Guernet?

B.: Guernet nee. Ech sinn amfong elo mat dem Ëmschwung vun awer schaffen goen, also et ass elo nach net sou, dass ech Gefill hunn, dass ech netmei gebraucht ginn oder sou, well ech elo ganz doheem sinn. Nee absolut net. Dat war wierklech ganz angenehm den Iwwergang.

R.: Has du dann iergendwellech Ënnerstëtzen? Famill, dän Arbeschtsgeber?

B.: Jo mäin Arbeschtsgeber huet mech doduercher ënnerstëtzt, dass ech eben den Congé sans solde accordéiert huet an mir déi Méiglechkeet dann ginn huet, fir elo kennen doheem ze bleiwen. An eeeh vun der Famill hier, baaain, nee eigentlech net esou. Si sinn och net, meng Elteren sinn nemei do, an Geschwëster wunnen och bëssi méi weit ewech. Mee elo vun mengem Mann hier hunn ech awer gutt Ënnerstëtzung kritt.

R.: Wann s du vun Congé sans solde schwätz, denks du nach heiansdo driwwer no zeréck an Berufsliewen ze goen oder ass dat ofgehaakt?

B.: Ooooh ,mir hunn jo gesot, dat sinn 4 Joer an deen Moment hunn ech dann 59 Joer mengen dann fänken ech nemei un, ausser do ass dann eppes Dramatesches, dass ech misst erëm goen. Awer eeeeh am Prinzip net, géif ech netmei soen, dass ech géif ufänken.

R.: Däin typeschen Alldag elo an der Pensioun, wie geséit deen aus?

B.: Majooo, ech stinn moies op, an dann steet 4 beenegen Wecker schonn do ze waarden (laachen) fir eraus. An dann ass deen hongereg, dann ginn mer spadséieren mat eisen Hënn an dann gött Hausaarbecht gemaach en bëssi, oder mir ginn Kommissiounen maachen dann gött gekacht entweder deen een oder deen aneren, oder zesummen. Do wiesselen mer eis och of, wat ganz flott ass. An dann mëttes ginn mer nach mat den Muppen spadséieren oder mir fueren mol anzwuersch hin, dass mer och fort sinn moies schonn. Oder bei Kollegen ginn mer mol iessen oder bei Famill. Awer eeeh langweilig ass et net (laachen) mir hunn ëmmer eppes ze dinn.

R.: Géings du dann soen, een Dag ass selwecht ewéi deen aneren oder all Dag bréngt eppes Neies mat?

B.: Also du hues schonn eng gewëssen Routine an dengem Oflaf vun Deeg awer et ass och mol eeeh Ofwiesslung. Dann muss deen een, du mëss jo och net all Dag dat selwecht. Dann fiers du mol fort, oder du sees komm mir fueren haut op Treier oder egal. Dann ass awer Ofwiesslung dran.

R.: Hues du dann iergendeng Aktivitéit déi all Woch do ass em déi selwecht Zäit?

B.: Nee. Nee nee. Ech sinn amfong keen sou een Verainsmensch. Ech kann net soen, hei du muss elo deen Dag goen dann an dann an dann an dann. Dat geet guernet. (laachen) Ech sinn eent, ech maachen dat wann ech well an wéini ech well.

R.: ok dat heescht du genéiss et kennen ...

B.: ... fräi ze sinn an selwer decidéieren.

R.: Ouni Struktur an ouni Reegelen?

B.: Genau jo.

R.: Ginn et dann Saachen oder Situatiounen déi dir zënter der Pensioun an dengem Liewen oder Alldag feelen?

B.: (Pause) eeeeh heiansdo dat ass awer Kollegen vun der Aarbecht. Well dat war awer eng ganz flott Zäit wou du dann zesummen has. Dat feelt heiansdo en bëssi.

R.: Sou den reegelméissegem Austausch?

B.: Jo genau. Awer soss eeh eigentlech net, nee.

R.: hmhm. Hues du Enkelkanner?

B.: Jo.

R.: Wunnen déi an denger Géigend?

B.: Jo, dat wunnt déi aner Säit am Duerf. En klengt Meedchen, et kritt elo 5 Méint.

R.: Ahjo, nach ganz kleng. Mécht dat ganz vill an denger Pensioun aus, hellt hat vill Zäit ewech oder sees du do, nee do mann ech meng Grenzen, ech hunn mäin Liewen? Oder wënschs du dir dass et vlait en Deel gött?

B.: Ech mengen dat gött souwisou en Deel vun mir, dat ass een Deel vun mir. Awer elo net, dass ech soen eeh ech versueren et elo ganz Woch, dann kenn Dier schaffen goen. Nee dat wëssen si och vun Ufank gesot, dat wëllen mir och guernet. An eeh mee wann si elo soen, hei et ass eppes ech brauch dech, hues du Zäit? Dann Selbstverständlech ass dat keen Thema, datt mir dann do sin fir sie. Awer elo sou fest Zäiten, ewéi et kennt Méindes, Mëttwochs an Freides, nee dat net. Well si wëssen och, datt mir mol deelweis 2, 3 Méint net do sinn eventuell. An vun dohier geet dat jo och guernet, dass mir et sollen ganz versueren. Awer dat Kand dass ëmmer een Deel vun mir.

R.: Géings du dann elo soen, an der Pensioun stees du ob Platz 1?

B.: Jo. (Pause) Géif ech mech mol klak dohinner setzen (laachen).

R.: Gutt.

B.: Mee awer mam Hannergedanken, pardon, datt mer awer, wann een eis brauch, datt mer dann do zerécksetzen.

R.: Also elo ne top enger egoistescher Schinn?

B.: Neeneenee, guernet.

R.: Hues du dann elo Hobbyen, déi du virun der Pensioun nach net has ?

B.: Nee. Eigentlech net, nee. Ech hunn eeh nee. Meng Muppen dat ass amfong mäin Hobbie, an deen hat ech nach ëmmer , deen hunn ech och nach. Awer elo wie mäin Mann schwammen goen, dat maachen mir, ënnert eis wann mir wëllen. Oder ech setzen och elo net do an ech molen oder bitzen. Wann ech Loscht hunn een Schal ze strecken, dann strecken ech deen.

R.: du géings awer soen, dass du deng Fräizäit awer gestalt kriss?

B.: Jojo dat ass guerkeen Problem. Dat klappt.

R.: Gräifs du dann ob Hobbien zréck déi vun ëffentlechen Angeboter hierkommen?

B.: Eigentlech seelen, sou ze soen bal net.

R.: et ginn jo och Clibb déi zum Beispill Reesen organiséieren, wär dat eppes wou du géings soen, do maachen ech mat oder éischer net?

B.: Dat kennt elo drop un, wann s du zu puer bass an deen seet hei mir fueren do mat, hu der Loscht matzefueren, dann jo. Awer sou mir 2 ënnert eis, éischer net, nee. Dann maachen mir dat fir eis, ënnert eis selwer.

R.: Mengste dann wann s du géings eleng liewen, an du häss elo keen Partner, géings du dann éischer ob esou Clibb an Organisatiounen zeréck gräifen?

B.: nee och net, éischer net. Nee ech géing mir dat selwer fir mech organiséieren. Awer elo net encadréiert, nee.

R.: Wëlls du op denger Aarbecht vill am Kontakt mat Mënschen waars, dees du och net vun Ufank un kannt hues, wär dat trotzdeem keng Alternative?

B.: Nee.

R.: Ok. Duerch deng Pensioun hues du do iergendwellech finanziell Aschränkungen, déi deng Fräizaitgestaltung kéint verhënnern?

B.: hmmm neee, also et ass esou, dass elo meng Paie nemei do ass, duerch den conge sans solde. Awer mir sinn absolut net ageschränkt doduercher, dass sech elo net mäi Paie all Mount hunn.

R.: dat heescht du géings soen, ehm meng Fräizaitgestaltung ewéi virdrunner?

B.: genau, wie virdrunner.

R.: Berufsliewen oder Pensiounsliewen. Wou hues du dech méi erfëllt gefillt?

B.: déi zwee. Dat eent sou wuel ewéi dat anert. Ech sinn gären schaffen gaangen, mee dat heiten ass awer och ganz angenehm, fir net ze goen an fir zesummen Fräizäit ze maachen an.

R.: Also schaffen war schéin awer du sees et geet och elo duer an ech hunn mir dat heiten elo verdéngt?

B.: Genau. Hei ass och schéin.

R.: En Ziel nach an denger Pensioun?

B.: majo mäin Ziel ass et, dass mer se nach kennen laang zesammen genéissen, mat reesen mat eeh gutt iessen goen, vill Leit kenneléieren an eis Kollegen mol méi fleegen, déi mer soss net vill gesinn hunn, wou mir an der Staat gelieft hunn. An jo. Einfach genéissen.

R.: Dann war et dat schonn. Villmools Merci.

B.: Ma ech soen dir Merci.

V.10 Interview 10



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=10

Sie sind:	<input type="checkbox"/> männlich	<input checked="" type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:58... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input type="checkbox"/> auf dem Land	<input checked="" type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:Büro Schule.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:Bankangestellte.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:55.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:	...pré-retraite.....		

R.: War deng Aarbecht dann eng Platz wou du gärén higaangen bass?

B.: ech sinn gär op meng Aarbecht gaangen vun Ufank un, well ech einfach frou war duerch keng 1ère oder en festen Ofschloss ze hunn, an ech een vun deenen leschten war wat mat enger 5ème Lycée nach op der Bank ugeholl ginn ass. Dono hues du missen 1ère hunn, dono hues du missen Uni hunn. An ech war ëmmer dankbar fir déi Platz ze hunn. Ech muss awer soen déi lescht Joren, loossen mer soen déi lescht 5 Joer, war et awer méi Stress wie gutt well dobaussen haalt en enormen Drock ass. Mee ech sinn awer nach ëmmer gär gaangen.

R.: wat huet dir dann gutt gefall op denger Aarbecht?

B.: eeh ech sinn bëssi sou een, weis du hei gesäis (laachen), alles ass sou an sou an sou an sou. Dat war an menger Aarbecht, déi ech op der Bank gemacht hunn, och esou, dat heescht dat war een gereegelten Programm vun Moies bis Oves. Du has Oves keen Suspend, du bass Heem gaangen an hues Moies erëm vun fir ugefaange mat denger Check Lescht, an dat war genau dat, wat mir Freed gemacht huet.

R.: Also Struktur am Alldag?

B.: Jo genau.

R.: An hues du dann vill Bekannter oder Frënn op der Aarbecht kenne gelei-ert, déi dech och elo zanter der Pensionéierung wieder begleeden?

B.: Ech hunn eng gutt Friendinn, dat war ganz am Ufank wie ech ugefaangen hunn, mäin Chef. (laachen) an dat ass awer meng Friendinn ginn an eeh bliwen an mir sinn nach ëmmer beieneen an hat geet och elo an d'Pensioun. Eeh an soss hat ech ëmmer een gudden Kontakt mat den Leit mee ech sinn éischer dat, wat elo den Kontakt méi lassgeléist huet, well einfach fir mech eeh deen Dag wou ech mäin Badge ofginn hunn, war fir mech déi Etappe fä-erdeg. An ech, wann ech een begéinen, dann schwätzen ech, ech hunn och deen een oder deen aneren op Instagram oder mol eng Whatsapp, mee et ass awer net Friendinnen, dass een sech reegelméisseg gesäit oder sou. Dat hunn ech vun mer aus ofgeschalt well ech hunn elo den drëtten Drëttel vun mengem Liewen ugefaange, an deen ass erëm anescht wie virdrun.

R.: ok, dat heescht du géings soen, du hues éischer Privatliewen vum Be-ruffsliewen getrennt?

B.: Jo, jo.

R.: Hues du dech dann op deng Pensioun gefreet?

B.: Oooh Wahnsinneg. (laachen)

R.: (laachen) an ob wat genau?

B.: Ma et ass esou gaangen, ech huelen do en bëssi aus, fir dir dat ze erklären. Ehm op der Bank kriss du eng Aart Preretraite, dat heescht fir dass si Leit lassginn, fir Leit ofzebauen an keen ze entloossen, kriss du teschent 2 an 3 Joer virun denger richteger Pensioun vun hinne eng Pensioun, dat heescht du bleifs beim Patron ugemellt, mee du kriss just nach 50% vun denger Paie, mee dofir kanns du awer doheem bleiwen. An wann s du dann den richtegen Alter vun der Pensioun hues, dann kriss du dann deng richteg Pensioun vun der Pensiounskeese. Dat heescht an mengem Fall kréien ech mat 60 meng richteg Rent vum Staat.

R.: ajoe ok, ech verstinn.

B.: An elo ginn ech vum Patron bezuelt zu 50% mee ech dierf awer dofir 100% doheem bleiwen. An dat ass awer eng Pensioun, du gees nämlech net méi schaffen. Du hues just di Sécherheet, dass du nach sécher bezuelt gëss bis dohinner. An elo hunn ech den Fuedem verluer.

R.: Ass dat dann fräiwëlleg oder (unterbrochen)

B.: Ajoe. Bon du gëss gefrot, mee eh loossen mer mol esou soen, déi wou net wëllen, déi ginn en puermol gefrot. (laachen) An fin de compte, ass et haut esou op der Bank, dass amfong jiddereen scho 6 Méint virdrun am Personalbüro unrift an seet: „eeh ass dat nach? Duerf ech goen?“.

Well d'Leit et netmei packen vum Drock hier. An dofir, wie ech héieren hunn, ech hunn ugeruff kritt, ehm dat war am Dezember 2016, do huet d'Madamm aus dem Personalbüro ugeruff, wann s du wëlls, dann kanns du am dem 1 Januar 2018 Doheem bleiwen an dunn sot ech direkt: „ok wou muss ech ënnerschreiwen?“ (laachen). An ech hunn wierklech dat Joer zwar nach ëmmer geschafft, wie wann ech géing fäerten, dass ech entlooss ginn, mee ech hunn mech awer esou gefreet, eeh ob deen Dag wou ech kann soen „Äd-di“.

R.: An ob wat hues du dech dann genau an der Pensioun gefreet?

B.: Also sou richteg Zieler hat ech net well et gOUNG mir haaptsächlech em meng Gesondheet. Ech hunn eng Krankheet mat der Muecht, an ech muss do staark Medikamenter huelen. An eeh déi muss ech ganz reegelméisseg huelen an déi setzen dir och en bëssi zou, dat heescht ech hat zum Schluss en bëssi Konzentratiounsproblemer. An deen Moment bass du einfach wierklech frou, elo kann ech mol doheem bleiwen an dann sortéieren ech mech nei. Ehm ech sinn awer net vun mir aus deen Mënsch, deen do setzt an neicht mécht. Ech ginn souwisou all Dag trëppelen well ech dat gewinnt war all Dag op den Zuch ze goen oder hei oder do. An dunn hunn ech mir gesot, dann fannen ech schonn iergendeppes, an dat huet sech och esou erginn, an ech hunn mer bemol gesot, oh hei huel däin Fotoapparat emol erëm an d'Hand an dann hëls du deen mat wann s du trëppelen gees, an dunn hunn

ech ugefaangen mech domadder ze beschäftegen an voilà, do hat ech mäint fonnt wat ech wollt maachen. Well ech wollt vun Ufank un mech nemei engagieren. Well et hunn Leit mech gefrot, dann komm esou 10 Stonnen bei eis schaffen fräiwëlleg oder och bezuelt, an ech wollt dat netmei. Ech well mech nemei engagieren, ech well kennen Moies opstoen, et ass mer gutt ech maachen eppes, et ass mer net gutt, ech ginn just trëppelen an ech bleiwen doheem.

R.: an bei deem Iwwergang vum Berufsliewen an Pensioun, goufen et do iergendwellech Hürden dees du hues missen iwwerwannen? Wou du elo géings soen, et stoung mer eppes am Wee oder et huet mir un Ënnerstëtzung vun mengen Leit gefeelt?

B.: also deen Dag wou ech zu mengem Mann gesot hunn, dass ech dat elo ënnerschriwwen hunn, do war deen net ganz frou, well et haalt och eng finanziell Saach ass. Mee ech hunn ëmmer zu em gesot, ech bleiwen jo och doheem, do spueren mir jo och Suen. An dat war deen eenzegen klengen Problem deen do war. Mee den Iwwergang war unsech ganz gutt well ech mir souvill Congé gehalen hat, dass ech déi lescht Woch November opgehale hunn mat schaffen an dat war amfong Congé bis deen leschten Dezember. An dat gëtt dann en anert Gefill. Du hues dann mol Congé an ganz laangen Congé an dann um 1 Januar geet et dann nei un.

R.: ok, mee du bass awer net mat dengen Schaffstonnen erof gaangen, iers du an Pensioun gaangen bass?

B.: neenee. Ech sinn Vollzäit schaffen gaange, 40 Stonnen d'Woch, bis zum Schluss.

R.: an vun denger Famill, häss du dir do nach aner Ënnerstëtzen gewënscht bei denger Iwwergang? Oder sees du, nee den Iwwergang ass gutt gaangen, an ech brauch mir do net wieder Gedanken doriwwer ze maachen.

B.: Nee dat ass gutt gaangen, well si hunn all gewosst, elo ass si doheem an eeh fir d'Boom zum Beispill, dann ass een do, deen kann mol eppes maachen, wann di aner schaffen. Et huet amfong éischer jidderengem d'Saach erlichtert, well ech et och eben sou gutt huelen, an dunn huet dat all Mënsch sou gutt geholl, an dat war dunn ganz einfach.

R.: Dat heescht deng Famill war méi frou doriwwer, ewéi dass si vlait duerch Situatioun gestresst waren?

B.: Neenee guernet, et war méi Freed, well schlussendlech ass mäin Mann och frou well en kritt all Dag frësch gekacht (laachen).

R.: Dat kann ech mir virstellen (laachen). Wie ass dann elo een typeschen Alldag an denger Pensioun?

B.: Also ech sinn ganz domm, ech stinn mat mengem Mann moies um 6 Auer op. (laachen). An dann wann hien fort ass, dann maachen ech mech och fäerdeg an dann genéissen ech awer mäin Frühstück mat mengem Instagram. An ech hunn och nach eng Internetsäit bei enger däitscher Zeitung, wou du och kanns Fotoen erop lueden. An dann gött dat alles gecheckt. An dann Zeitung gelies, ob do net vlait eng Foto vun mir am Wort ass, well do lueden ech och mol Fotoen erop. An dann wann dat fäerdeg ass sou géint hallwer 8, 8 Auer, dann maachen ech mäin Stot, all Dag. Dat muss ech reegelméisseg maachen, well soss loossen ech et eeeh luppen. Well ech maachen alles anescht léiwer ewéi dat.

R.: Kennen ech (lachen).

B.: an dann maachen ech all Dag wierklech, deen een Dag staubsaugen ech, deen aneren Dag botzen ech fiicht op, deen aneren Dag stepsen ech. Mee ech sinn am Prinzip all Dag sou géint 9 hallwer 10 fäerdeg mam Stot maachen. An dann ass et eng Saach vum Wieder. Éischtens entweder hunn ech R.V'er mat der Boom beim Dokter oder mam Ylenia fir en Interview (laachen), oder wat weess ech. An dann hänkt et dofuner of, ewéi ech drop sinn, an deementspriechend bauen ech dann mäin Dag dann op. Ech liewen effektiv gréissten Deels planglos.

R.: Einfach an den Dag eran?

B.: Ech huelen mer fir zum Beispill, elo gees du engkeier wann gutt Wieder ass op Beetebuerg an den Park Fotoen maachen. Wann awer elo muer gutt Wieder ass, dann muss dat net muer sinn. Dat kann awer och bemol den Metten sinn, obwuel den Himmel gro ass. Dat hänkt dofuner of ewéi ech motivéiert sinn an wie ech drop sinn. Ech maachen all Dag eppes mee ech kann dir haut net soen, wat ech muer maachen.

R.: Dat heescht du hues keen Dag selwecht wie een aneren?

B.: Neenee guernet.

R.: Ok.

B.: Ausser vlait Freides. Wann s du dat Programm kanns nennen. Meng Du echter laacht dann ëmmer, well dat nennen ech mäin fräien Dag. Well do well ech keen R.V, keen Kiné, keen Dokter. Do gött och net gebotzt. Do well ech einfach moies opstoen an kucken wat maachen ech haut. Bleiwen ech deen ganzen Dag faul um Kanapee, an ginn just 1 Stonn trëppelen. Oder fueren ech an Concorde oder an Belle Etoile oder villäicht an d'Eisléck oder fueren ech mam Bus oder mam Auto. Dat ass do wou ech opstinn, an dat ass ëmmer Freides.

R.: Ok. Ginn et dann Saachen oder Situatiounen, déi dir zënter dem Antrëtt an Pensioun feelen? Vlait eng Dagesstruktur, een Feierowend, oder ?

B.: Nee (laachen). Neicht.

R.: Guerneicht?

B.: Nee.

R.: Alles gutt esou wie et ass?

B.: Alles gutt esou wie et ass. Et sinn vill Leit déi ëmmer soen, jo ohh du vermëss den Ëmgang mat den Leit an esou. Mee nee well ech sinn unsech mol ganz frou, wann ech mol mat kengem eppes ze dinn hunn. Wann ech mir kann eraus sichen, ob ech well mat engem schwätzen oder net ne. Ehm wann ech well schwätzen, dann ginn ech eriwwer bei meng Schwéiermamm an dann kann ech fir eng halew Stonn schwätzen oder dräi Stonnen, dat ass egal. Oder ech fueren mat hier anzwuersch, well si well enzwousch hin. Awer nee (paus) et ass ok esou.

R.: Ok.

B.: Ech verléieren heiansdo den Fuedem gell? Well dann weess ech nemei wat du gefrot hues (laachen)

R.: Neenee du hues mir geäntwert (laachen). Et gött neicht méi wat du vermëss, zënter deem du an der Pensioun bass.

B.: Neenee.

R.: Majo. Eh hues du Enkelkanner ?

B.: Ma nee nach net. (laachen)

R.: Nach net. Awer du wuards dorobber? (laachen)

B.: (laachen) Also ech hunn ëmmer gesot, wann meng Duechter, wann ech Pensioun hunn an du kriss dann een Kand, dann versuergen ech dir et. Awer net méi wie 2 Deeg an der Woch.

R.: Ahjo ok. Dat ass awer fest.

B.: Sécher net well ech mech eng ganz Woch eeh em en Kand këmmern, well ech hunn jo awer een Alter, eng Pensioun an een Mann an ech well meng Rou hun ne. Awer wann meng Duechter méi laang waarde fir een Kand ze kréien (laachen) wat déi Stonnen wou ech dat Kand well versuergen méi erof ginn. (laachen).

R.: Ech verstinn (laachen). Mee du wëlls awer trotzdeem Boma ginn?

B.: Jo also eeeh ech wier frou Boma ze ginn an ech géif haut soen, eeehm maach mat dengem Kand dass et eng roueg Struktur huet, an net deen een Dag do an deen aneren Dag do. mee wann dain Kand awer krank ass, an

kann net an Creche goen, selbstverständlech kennt Boma dann nom Kand kucken. Sou ech wëll em déi Stäip ginn, dass wann eppes ass, sinn ech do, mee ech well mech nemei engagéieren.

R.: mee et ass elo net däin Ziel an der Pensioun, dass du sees, ech well Bomi ginn?

B.: Nee (laachen) Also mäin Ziel entre gimmet ass, dass mäin Mann endlech och doheem ass an dass sech dann endlech mäin festen Oflaf kréien an dass mir zesummen nach kennen laang Joren beieneen verbrennen. Daat wier mir wichteg. Mee dat kann ech net beaflossen.

R.: hues du dann elo Hobbyen déits du virun der Pensioun net has ?

B.: Also ech hunn ëmmer nach gär Fotoen gemaach, mee ech hat ni Zäit. Ech hunn mäin Fotoapparat net kannt an wann ech dann an der Vakanz Fotoen gemaach hunn, ooh di sinn awer schéin, sot jiddereen, mee ehm sans plus ne. An dat ass awer elo wierklech mäin Hobbie ginn, wie gesot, also dat ass ehm di Zeitung View, ech weess net ob du déi kenns?

R.: Nee déi seet mir neicht.

B.: Di ass vum Stern. Eh mee dat ass eng wou nëmmen Fotoen dran sinn. Wat am Mount sou war. Wierklech esou Pressfotoen mee och vun privaten Leit an di hunn och eng Internetsäit. An do muss du dech umellen an do muss du och eppes bezuelen fir flexibel kennen dorobber ze setzen an dann sinn do lauter aner Fotografen an een Wuert deelt deem aneren seng Fotoen wann s du eng gutt hues, dann kennt se an den Slide vun den Dagesfotoen. An eeh wanns du eng hues, also dat ass dann Redaktioun di di auswilt. Par contre heescht eng aner Rubrik „redaktionell ausgewählt“, an dat sinn awer di aner Fotografen di gesot hunn, ech well d Redaktioun dorobber opmierksam mann, dass dat eng gutt Foto ass, an aus deenen wielen di dann eng aus an die kommen an eng Galerie, déi fënns du ëmmer erëm. Di aner erfrëschen sech all Dag. An do hunn ech der schonn dobäi gehat, di elo eropgelueden ginn sinn an dat mécht mir dann Freed.

R.: An dat ass elo wierklech däin intensiivt Hobbie?

B.: jo genau.

R.: an et ass och just dat?

B.: an et ass och just dat, jo.

R.: dat hellt dir wahrscheinlech och vill Zäit ewech?

B.: jo wann s du dat wëlls richteg maachen, eeh an net nëmmen einfach eng Foto wëlls posten, fir eng Foto ze posten, an du wëlls uerdentlecher hunn, dann muss du dech jo domadder beschäftegen. Weieng hashtaggen muss

ech op instagram setzen. Wat erwaarden di aaner Fotografen ob der Sait vun der View? Wat erward Wort? Well dat sinn 3 mol di selwecht Foto, well dat sin 3 verschidden Erwaardungen vun den Leit. Instagram ass sou bëssi sou jiddereen. Eeh View dat sinn wierklech quasi bal professionell Fotografen, déi dat beuerteelen. Di hunn en ganzt anert Aen dofir. Do dierf neicht flou sinn oder nach en schifen Eck dran, oder keng Ahnung. Eeh an am Wort do muss du iwerleen, waat hätten se gaeren? Wat denken se ? wat brauchen se fir an hier Zeitung? Wat sichen se? Do muss du op Thema schaffen. Dat kann also 3 mol déi selwecht Foto sinn, mee du muss 3 verschidden Iwwerleeungen maachen. Du kanns net elo soen, oh di Margréitchen ass schéin, an zack zack op dei 3 Sitten an fäerdeg. Nee sou ass et net. An natierlech du erward jo dass Leit deng Foto liken, haaptsächlech op der View Sait, dann muss du jo och hier Fotoen kucken. Wann s du do ni engem sengem Foto beuerteels, dann beuerteelt och keen dech, well dann kennt keen dech.

R.: hmhm jo genau. Kriss du dann déi Themen ëmmer virginn oder kann een dat fräi entscheiden?

B.: bei der Wort zum Beispill, sinn Themen virginn. Mee du kanns awer och einfach sou eng Foto huelen, di dir gefällt, wou du sees di kéint elo vill Leit interesséieren, di kéint vill méi gefallen, fir eeh beim Sproch vum Dag oder sou ze posten. An di aner di hunn och heiansdo fix Themaen, do kanns du matmaachen, mee du muss net matmaachen. Do ass eemol den Mount eehm eng eeh „Gl“. Eeh dat ass eng däitsch gemeinsame Interpretatioun. An dat ass een Thema, an dat ass dann ëmmer den 22ten vun all Mount an do kanns du knipsen wat du wëlls. Ehm Natur, Still, Architektur, egal. Awer en Relatioun zu deem Titel ne. An dann ehm...

R.: also fräi Interpretatioun vum Titel?

B.: Genau voilà. Jo dann hues du heiansdo Fiergaben an heiansdo net. Mee voilà.

R.: ok. An gräifs du dann ob Hobbyen zréck, di op öffentlech Angeboter zréck ginn? Beispillsweis Gemengen, Club,? Kenns du dat? Géifs du dorober zréck gräifen?

B.: Also ech kennen dat. An ech iwwerleeën nach ëmmer mam Yoga. Mee dat gehéiert zu där Saach mam Engagement fixe. Deen Dag, déi Auerzäit dohin, an ech sinn nach net prett dofir.

R.: du wëlls elo fir d'éischt nach (unterbrochen)

B.: Ech muss einfach nach, well ech weess, dass dann wann mäin Mann an der Pensioun ass, dann muss ech mech awer méi un hien upassen, an hien och un mech, an dann muss du awer mol méi fixe méi dohem sinn dann net

oder sou. Dass dann vlait mäin Plang mir et erlaabt eeh sou eppes ze maachen mee am Moment, ech nee.

R.: et feelt dir och elo net ?

B.: Neeneenee.

R.: Ok. Ehm duerch deng Pensionéierung, ginn et dann do eventuell finanziell Aschränkungen, déi deng Fräizaitgestaltung kéint verhënnere?

B.: jo also dass scho eng Aschränkung. Grad an deem heiten Fall, well do während 3 Joer 50% sinn. Mir hunn jo awer eeh en gewëssenen Budget an gewëssen Saachen déi mussen bezuelt ginn an eiser Andeelung eeh muss du schonn kucken, dass dat openeen klappt. Do muss du schonn wëssen wat dir wichtig ass. Ech kann elo net eeeeh an engem Mount eeh 4 mol tanken goen ne. Also kann ech net all Ablack an Eisleck fueren. Dat kann ech mir einfach net erlaben, well ech well eppes Uerdentlechtes kachen, dat ass mir dann méi wichtig. Eeehm an ech well mir och mol en Pullover kafen, oder eng nei Box, quitt dass mäin Schaaf voll ass, well ech jo all Dag geschafft hunn, an do hues du all Dag eppes anescht un. Mee du wëlls awer mol en nei Stéck. Do muss du wëssen, wat ass dir elo méi wichtig ne. Eeh dat sinn schonn Iwwerleeungen, dees du schonn muss feieren. Do hues du minimal Aschränkungen mee du schränks dech och nëmmen sou weit an wie et dir passt oder weis du wëlls oder weis du vlait kanns. Et gëtt neicht wou ech drënner géing leiden. Ech well awer elo main Café Gourmand gell, dat ass mir dann och egal wat en kascht. Deen muss sin. Ech hunn elo hei giess, an dann well ech deen hei och, dat ass dann egal. Ehm mee ech kann awer elo net, dat war am Ufank ganz wéineg schwierereg, zum Beispill, also lo net schwierereg mee dunn huet ee gesot, du hues jo elo mol Zäit mat mir iessen ze goen, an ech hunn guernet iwwerluecht wat dat kascht gell. An dunn war deen éischten Mount eeh weis du sou sees, déi lescht 20 Deeg vum Mount sinn déi béist, eeh (laachen)

R.: Dunn waren déi laang ginn?

B.: dunn hunn ech geduecht, uiii, wat huet dat awer kascht, wann s du sou iessen gees, du muss dat elo direkt zréckschrauwen, an net ëmmer soen jo-jo ech ginn mat dir iessen an mat dir iessen an mat dir iessen. Ech sinn 3 mol Woch iessen gaangen, mee nee dat geet net. Dat war dat eenzegt, wou ech hunn besien missen (unterbrochen)

R.: hues du dann elo bëssi am Hannerkapp, an 3 Joer geet et awer besser?

B.: nee mol net, mol net. Et war elo do, ech kann dat elo net Rhythmus nennen, mee ech weess einfach dass dat alles brauchts du jo elo netmei, déi Relatioun mat de Leit. Also ech brauch dat nemei. Ech sinn frou elo wie elo kennen mir bëssi braddelen an dann ass mäin Prozentsaz un Babbelen fir

haut gehalen weeste (laachen). Ech well dann netmei vill schwätzen, dat huet och ofgebaut. Dass ech meng Rou genéissen, du bass wierklech frou ooh elo sinn ech doheem, an et dauert nach 2 Stonnen ier een Heem kennt, an elo déi 2 Stonnen well ech neicht héieren an neicht gesinn, sou.

R.: Ok gutt. Berufsliewen oder Pensiounsliewen? Wou hues du dech méi erfüllt gefillt?

B.: an Béidem. Et hält sech d'Wo, et hält sech d'Wo.

R.: dat heescht Berufsliewen du wusst wat du ze maachen has, awer du genéiss och elo deng Pensioun, wëlls du fënns du hues dir se elo verdéngt?

B.: jo genau. Du hues deng Berechtegung am Liewen fir alle, eeh als Kand bis dass du schaffen gees, bass du Kand , hues du gewëssen Berechtegungen. Wann s du schaffen gees bis dass du Pensioun kriss hues du gewëssen Berechtegungen an wann s du Pensioun bis hues dann hues du och Berechtegungen an dat war fir mech ëmmer sou opgedeelt an d'Liewen an Dretten. Kannerzäit, Erwuessenenalter an dono hues du däin Job gemeet an dann bleifs du doheem (laachen).

R.: Ass dann nach iergendeppes wat du nach géing aneschtters maachen, wie dat watste bis elo gemaach hues an denger Pensioun?

B.: Lo eppes an menger Pensioun änneren? Nee fir mech sinn ech jo zefridden, also ass et jo och richtig. Wann ech jo elo net zefridden wier, dann wier jo och eppes net richtig, mee ech sinn jo awer zefridden, also ass et och richtig fir mech.

R.: majo dann sinn mer schonn duerch. Super. Villmools Merci.

B.: Maja tipptopp. Ooh et ass gaergeschitt.

V.11 Interview 11



Umfrage zum Thema: Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand

Sehr geehrte Damen und Herren,

im Auftrag der Universität Luxemburg im Rahmen meiner Ausbildung, Bachelor en Sciences Sociales et Educatives, führe ich eine Befragung zum Thema Verrentung, zwecks meiner Bachelorarbeit, durch. Ziel dieser Interviews ist es, genauere Kenntnisse darüber zu gewinnen, wie die Menschen den Eintritt in den Ruhestand erleben. Die Befragung der Interviews sind anonym, die Antworten werden vertraulich behandelt und dienen ausschließlich der späteren wissenschaftlichen Auswertung.

Vielen Dank für Ihre Teilnahme.

Zur Person – zum selbst ausfüllen/ TN=11

Sie sind:	<input checked="" type="checkbox"/> männlich	<input type="checkbox"/> weiblich	<input type="checkbox"/> andere
Ihr Alter:60... Jahre alt.		
Familienstand:	<input type="checkbox"/> ledig	<input checked="" type="checkbox"/> verheiratet	<input type="checkbox"/> verwitwet
	<input type="checkbox"/> In einer Partnerschaft	<input type="checkbox"/> geschieden/getrennt	<input type="checkbox"/> andere
Sie wohnen :	<input type="checkbox"/> auf dem Land	<input checked="" type="checkbox"/> in der Stadt	
Sie fühlen sich körperlich fit:	<input checked="" type="checkbox"/> ja	<input type="checkbox"/> nein	
Ihre berufliche Ausbildung ist:CATP.....		
Ihr zuletzt ausgeübter Beruf vor der Pensionierung war:Beamter.....		
Ihr Alter beim Eintreten in den Ruhestand:57.....Jahre		
Der Grund für die Verrentung:berechtigt (40 Jahre arbeitstätig).....		

R.: Deng Aarbecht, war dat eng Platz wou du gären higaangen bass?

B.: Jo.

R.: an wisou?

B.: Well meng Aarbecht war mäin Hobbie.

R.: Ok, an wat hues du dann genau geschafft?

B.: Ech hunn Rouerbroch gesicht, also Fuitten gesicht, an ech hunn mech em Datebanken gekëmmert vum ganzen Service.

R.: Mhmh. An hues du ob denger Aarbecht vill Bekannter oder Frënn kennegeleiert, déi dech elo an denger Pensioun nach ëmmer begleeden respektiv déi dir elo nach ëmmer vill bedeiten?

B.: Jo.

R.: an dat sinn der vill oder net sou vill?

B.: et sinn der vill.

R.: also däin Frëndeskrees besteet (unterbrochen)

B.: jojo vun der Aarbecht.

R.: an weis du ëmmer méi no komm bass un deng Pensioun, hues du dech dorobber gefreet? An wann jo, ob wat genau?

B.: (Pause) gefreet? Hmm

R.: oder has du Problemer domadder, dass se ob dech duerkomm bass?

B.: Dach, dach. Ech hunn mech amfong geholl dorobber gefreet, well ech eng aner Aarbecht dono am Sënn hat. Dat heescht fir dono weider eppes aneschtens ze maachen. Dofir hunn ech mech op Pensioun gefreet, fir kennen dat Neit unzegoen.

R.: hues du dech dann perséinlech op deng Pensioun präpereiert?

B.: Joooo, dach.

R.: dat heescht? Hues du dir am Virfeld iwweiluecht, wat du dono wëlls maachen?

B.: Ier ech an d'Pensioun gaange sinn, hat ech mir schonn direkt eng Basis gesat fir wieder ze maachen, wat ech wollt dono maachen.

R.: an du bass bis zum Schluss Vollzäit schaffen gaangen oder bass du an der Teschenzäit mat dengen Schaffstonnen erof gaangen?

B.: Nee Vollzäit schaffen gaangen.

R.: Goufen et dann beim Iwwergang vun denger Aarbecht an Pensioun iergendwellech Hürden, dees du perséinlech hues missen meeschteren?

B.: Nee nee guernet. Kee Problem.

R.: Dat klengt jo perfekt (laachen)

B.: (laachen) Jo dat ass esou (laachen)

R.: hunn dir dann iergendwellech Ennerstetzméiglechkeeten gefeelt beim Iwwergang? Dass du vlait elo am Nachhinein sees, däin Arbeschtsgeber hätt dir et kéinten méi einfach maachen oder Ennerstetzung vun der Famill?

B.: Dach den Arbeschtsgeber hätt mir kennen an deem Sënn méi einfach kéinten maachen, dass mer déi Zäit net hunn däerfen mat den Stonnen erof goen. Dat heescht mir hunn missen Vollzäit schaffen, an net am hallwen Kader kennen goen.

R.: Also wäers du gären mat den Stonnen erof gaangen?

B.: Ech wär erof gaangen. Ech wär gären erof gaangen ob en halwen Kader, well dann hätt ech wahrscheinlech och aner Saachen gemaach.

R.: dat heescht du häss dir gewënscht manner ze schaffen, fir dech eventuell kennen aneschtens ze präpereiieren wat du an denger Fräizäit kenns maachen?

B.: Jo jo genau.

R.: Däin typeschen Alldag elo an der Pensioun, ewéi gesäit deen aus? Zum Beispill Méindes oder Dënschdes, wie fänkt en un, wéini stees du op, an wie ass däin Dagesoflaf?

B.: Normalerweis eeeeh, stinn ech um 8 Auer op. An dann eeeeh maachen ech meng Computer Saachen, meng Bréiwer, déi ech muss hunn. Dat heescht ech maachen alleguerten dei Saachen, déi ech, wou ech nach aktiv sinn an den Veräiner. An eeeh Mëttes dann geet meng Fra schaffen, dann kachen ech mir. An dann dono wann et zeréck ass, ginn mir zesammen mam Hond. An dann ass den Dag gelaf. An ech maachen nach doteschent Sport. Ech fueren heiansdo Vëlo oder sou.

R.: ok flott. Awer du kachs dir zum Beispill awer all Mëttes? Du sees dir elo net, ech sinn eleng, ech kachen mir neicht.

B.: nee.

R.: ginn et dann Saachen oder Situatiounen, déi dir zënter denger Pensioun am Liewen oder am Alldag feelen?

B.: (Pause)

R.: Eppes wat du vlait virdrunner has an elo netmei? Zum Beispill eng Struktur, en Ziel an dengem Alldag, den Feierowend,...?

B.: neenee guerneicht. Eh eh, guerneicht.

R.: Hues du dann Enkelkanner?

B.: Nee (laachen)

R.: Wënschs du dir der dann? (laachen)

B.: Ajoe (laachen)

R.: (laachen) hues du dann elo Hobbyen, dees du virun denger Pensioun nach net has?

B.: Nee guernet.

R.: also ass alles selwecht bliwwen?

B.: Jo.

R.: Gräifs du dann op öffentlech Angeboter zréck, fir deng Fräizaitgestaltung ze ënnerstëtzen an weider auszebauen?

B.: nee mäin Alldag ass ausgefëllt. Ech brauch dat net.

R.: an seitdeems du an der Pensioun bass, sinn do eventuell finanziell Aschränkungen, déi dir deng Hobbyen net erlaben, deng Fräizäit esou ze gestalten, ewéi du et gärén wëlls?

B.: neenee dofir ass meng Pensioun ze héich (laachen)

R.: (lachen) dat ass gutt, dat wënscht sech jiddereen. Beruffsliewen oder Pensiounsliewen? Wou hues du dech méi erfëllt gefillt?

B.: am Beruffsliewen hues du dech awer méi erfëllt gefillt.

R.: Duerch wat kennt dat?

B.: du has méi, wie soll ech soen, du du has méi Saachen, wou du awer eeh eppes gemaach hues, dass du Gefill has, dass du iergendeppes erreicht hues oder iergendeppes Neies gemaach hues, an dat ass haalt elo net méi esou. Dass du eeh, eeh, sou en Erfolgerliefnis hues, wou du eppes Neies gemaach hues, weess du, du konnts am Beruffsliewen einfach méi innovativ

sinn. du konnts ëmmer nach eppes Neies maachen, oder baigeleiert oder sou. an dat ass elo nemei. du leiers jo elo neicht méi bäi.

Die Schoulungen, dann hues du en neien Programm krut, dann hues du dech domadder ronderëm geplot. An och mat den Leit, du waars ëmmer erëm zefridden, wann du d'Leit zefridden gestallt hues.

R.: géings du dann soen, dass dir dann awer elo bëssi eppes feelt?

B.: Et feelt mer net mee et ass awer, du mierks awer, et ass anescht ginn. Dat eenzegt wat ass, et ass vill méi roueg ginn. Du hues deen Stress nemei.

R.: Géings du dir deen heiansdo zeréck wënschen?

B.: nee ech muss awer elo soen, ech genéissen awer elo keen Stress méi ze hunn. Einfach am Alter packs du den Stress nemei esou op der Aarbecht. Du hues awer verschidden Dréck, dees du nemei packs.

R.: Hues du dann nach eppes wat du an den nächsten Joren onbedéngt wëlls maachen?

B.: nach reesen, wann meng Fra endlech d'Pensioun huet (laachen)

R.: (laachen) ok also am Moment reest dir dann elo nach net sou vill?

B.: Nee leider.

R.: Ma dat war et elo schonn. Villmools Merci.

B.: Merci o

TABLE DES MATIÈRES

Agence eSanté

GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG: A CASE STUDY OF A NATIONAL MASTER PATIENT INDEX IN PRODUCTION SINCE FIVE YEARS	3
--	----------

Annemarie Kohn

LE RÔLE DU PHARMACIEN D'OFFICINE OUVERTE AU PUBLIC - DE LA PRISE EN CHARGE DU PATIENT AU GARDE-FOU DES DÉPENSES SOCIALES	5
---	----------

1. Introduction : L'évolution du rôle du pharmacien.....	7
2. Analyse de la rémunération actuelle du pharmacien au Grand- Duché de Luxembourg	10
2.1 Chiffre d'affaires en relation aux médicaments	10
2.2 La rémunération au Luxembourg et dans les pays limitrophes en relation aux médicaments	11
2.3 Les différents systèmes de rémunération en résumé	15
3. Améliorer l'efficacité des traitements médicamenteux en impliquant le pharmacien dans le système de l'assurance maladie-maternité	16
3.1 La non-observance thérapeutique et les frais engendrés en conséquence	17
3.1.1 L'observance des patients souffrant de maladies chroniques	17
3.1.2 L'observance des patients souffrant de maladies aiguës	20
3.1.3 La non-observance des patients, les coûts pour le Luxembourg	23
3.1.4 Solution envisageable en impliquant le pharmacien : L'encadrement des patients	24
3.2 La surconsommation et l'abus des médicaments à base de benzodiazépines	27
3.2.1 La surconsommation et les coûts pour le Luxembourg	33
3.2.2 Solution envisageable en impliquant le pharmacien : L'information des patients	34
4. Conclusion.....	37

ÜBERGANG VOM BERUFSLEBEN IN DEN RUHESTAND EIN KRITISCHES LEBENSEREIGNIS?	41
1. Einleitung	43
2. Theoretischer Rahmen.....	45
2.1 Allgemeine Übergänge von einer Lebensphase in die Andere	45
2.2 Der Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand	46
2.3 Begriffsbestimmung des Wortes Ruhestand	47
2.3.1 Konkretisierung des Begriffs Ruhestands	47
2.3.2 Der gesetzliche Rahmen des Ruhestandes in Luxemburg	48
2.3.3 Schwierigkeiten beim Eintritt in den Ruhestand	50
2.3.4 Einflussfaktoren beim Wechsel vom Aktiven Leben in den Ruhestand.....	50
2.3.5 Theorien zur Lebenszufriedenheit.....	51
2.4 Auslegung des Begriffs Kritisches Lebensereignis	52
2.5 Coping- und Lösungsstrategien	53
2.5.1 Stressmodell nach Richard Lazarus (1984)	54
2.5.2 Das SOK-Modell nach Paul B. Baltes (1990).....	55
2.5.3 Zwei-Prozess Modell nach Brandtstädter (2007).....	56
2.5.4 Modell des gleitenden Übergangs nach Bäcker und Naegele (1993). 56	
2.5.5 Soziale Unterstützung als Puffermodell nach Cohen&Wills (1985).....	57
3. Forschungsfrage und Methodisches Vorgehen.....	58
3.1 Forschungsfrage der Bachelorarbeit	58
3.2 Hypothesenaufstellung zur Forschungsfrage	58
3.3 Erhebungsmethode- und Durchführung der Befragungen	59
4. Auswertung der Befragungen	61
4.1 Auswertungsstrategie	61
4.2 Beschreibung der Stichprobe	61
5. Ergebnisse der durchgeführten Interviews.....	67
5.1 Abnahme der sozialen Kontakte zu den Arbeitskollegen	67
5.2 Positive und negative Erwartungen an den Ruhestand	68

5.3	Strategien zur Vorbereitung auf den Ruhestand	69
5.4	Probleme beim Übergang vom Berufsleben in den Ruhestand	71
5.5	Unterstützungsformen dritter beim Übergang	72
5.6	Gestaltung der Freizeit durch alte oder neue Hobbys	73
5.7	Nutzung von öffentlichen Freizeitangeboten	73
5.8	Finanzielle Einschränkungen	74
6.	Schlussfolgerung	75
7.	Fazit.....	78
8.	Quellen.....	80
8.1	Literaturquellen	80
8.2	Internetquellen	81
9.	Anhang.....	83
I	Abbildungsverzeichnis	83
II	Informationsblatt	87
III	Informationstabelle der Befragten	88
IV	Fragebogen	89
V	Transkriptionen	90

